



MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Um Ordre du jour vun haut de Mëtten hu mer eng Orientierungsdebat iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Deputéiert Etgen, Negri, Lorsché a Gibéryen. An als Éischt héiere mir de Rapporteur vun der Orientierungsdebat, den Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 6452 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*. - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, säit 2006 respektiv säit 2009, ënner enger lichter émgännelter Form, maache mer all Joers ëm dës Zäit hei an der Chamber den Exercice iwwert de Finanzement vun zukünftige groussen Infrastrukturprojeten. Mir schwätzen doruwwer, iwwer all déi...

### (Brouhaha)

► **M. le Président**. - Ech bieden Iech, dem Här Rapporteur nozelauschteren!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*. - Mir schwätzen hei iwwer all déi Projeten, déi méi wéi zéng Milliounen Euro kaschten. Ech mengen, Dir sidd alleguer iwwert dës Prozedur am Bild, soudatt ech direkt kann zur Saach kommen.

Den 18. September huet den Nohaltekeetsminister an Infrastrukturminister Claude Wiseler der zoustänneger Chamberskommissioun eng Rei vu Projete presentéiert, déi an den nächste Jore solle realiséiert ginn. Ech huelen dës Projeten elo der Rei no duerch, esou wéi se och deemools vum Minister virgestallt gi sinn.

Ech fänken u mat de Projete vun der Bauverwaltung.

Den éischte Projet ass do déi fënneft Extensioun vum Europäesche Geriichtshaff um Kierchbierg. Dës Vergréisserung ass an enger Kollaboratioun mat den europäeschen Autoritéiten ausgeschafft ginn. An an der Kommissioun ware mer ons ganz schnell eens doruwwer, datt dës Projet ganz wichteg ass fir de Fortbestand vum Europäesche Geriichtshaff hei zu Lëtzebuerg. Heivun hänken, wann alles bis fäerdeg ass, dann eng ronn 3.000 Aarbechtsplazen of.

Bei dësem Projet muss een ervirhiewen, datt eng Konventioun tëschent der Cour de justice européenne an dem Lëtzebuerger Stat d'Locatioun an dann och spéider de Kaf vun de Gebaier regelt. De Projet gëtt vum Stat préfinanziert; d'Bauverwaltung ass mam Bau vum Gebai beoptragt; d'Cour de justice, déi rembourséiert d'Kapital an och d'Zinsen iwwer eng Periode vun 20 bis 25 Joer a gëtt dann, wann alles erëmbezuelt ass, och Propriétaire vum Immeubel.

Ech wëll och ënnersträichen, datt d'Aarbechte vun der véierter Extensioun, deene mer duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 gréng Luucht ginn haten, am Juli 2013 fäerdeg ginn.

De Bauprogramm vun der fënnefter Extensioun gesäit eng Bruttofläch vun 43.700 m<sup>2</sup> fir d'Gebaier vir, plus dann och nach 5.900 m<sup>2</sup> fir en ënnerierdesche Parking. An de Gesamtkäschtepunkt gëtt op 151.800.000 Euro geschat, wat jo en zimlech beträchtliche Montant ass.

Vun der europäescher Justiz ginn ech dann elo eriwuer op déi national Justiz. Den zweete Projet ass nämlech d'Erneierung an den Ausbau vum Palais de justice vun Dikrech. Nieft der Vergréisserung vum Gebai steet och nach eng energetesch Sanéierung un. An der Kommissioun hate mer e ganz interessanten Austausch an eng flott Diskussioun iwwert dës Projet. Esou ass zum Beispill d'Fro opgeworf ginn, ob et net besser wier, zu Dikrech e ganz neit Gerichtsgebai ze bauen. Dës Alternativ war och vun der Bauverwaltung ugeduecht ginn, ass dunn awer verworf ginn, well keen adequaten Terrain zur Verfügung steet.

Am Kader vun dësem Projet gëtt och de Sécherheitsniveau vum Gebai verbessert. An d'Esthe-

tik vum Gebai bréngt mat sech, datt d'Baussefassad erhalen bleiwe muss, soudatt d'Moossname fir d'Energiesanéierung sech op de Banneberäich konzentréieren, wéi zum Beispill d'Ersetze vun de Fënsteren oder d'Isolatioun vum Daach. D'Bauverwaltung ass och a stännegem Kontakt mat de Responsabele vum Justizministère, fir beschmëglecht op déi aktuell an op déi zukünfteg Besoinë vun dem Geriicht zu Dikrech anzegoen.

D'Bruttofläch beleeft sech op ronn 3.100 Quadratmeter. Et soll am Gebai Raimlechkeete gi fir zwielef Magistraten an 13 Greffiere vum Geriicht a fir siwe Magistraten an zéng Sekretäre vum Parquet. Et sinn och eng Salle de séance, eng Salle fir d'Affekoten, eng Salle d'audience an zwou Chambres du conseil virgesinn. D'Käschte belafen sech op ronn zwielef Milliounen Euro.

Den drëtten Projet ass de Lycée vu Munneref. Zesumme mat dem Bau vu Lycéeën zu Clief an Déifferdeng ass de Bau vun engem Lycée zu Munneref an der zweeter Phas vum Plan directeur sectoriel «Lycées» virgesinn. Dës Projet ass nach ganz am Ufankstadium. Et ass weder e präzisen Datum nach e Budget festgeluecht.

De Minister huet jo och an enger Question parlementaire kuerz eng Äntwert op dës Projet ginn. E freet hei den Accord vun der Chamber, fir datt de Comité d'acquisition sech op d'Sich no engem gëeegneten Terrain ka maachen an datt ee mat de Planungen ufänke kann. Virgesinn ass eng Capacité d'accueil vun 900 bis 1.200 Schüler fir ronn 50 Klassen. Ugebuede soll ginn: souwuel den Enseignement secondaire wéi och den Enseignement secondaire technique.

De véierte Projet ass den Ausbau vun den Ateliere Kräizbierg zu Diddeleng. Hei ass virgesinn, nei Ateliere um aktuelle Site vun der Fondation Kräizbierg zu Diddeleng ze bauen. Wann da souwisou um Site geschafft gëtt, gëtt och dervu profitéiert, fir en neien Accès fir d'Autoen ze amélagéieren. Dës sollen net méi matzen duerch de Site fueren, wéi dat haut de Fall ass, wat aus sécherheetsnesche Grënn och jiddwerengem ageliicht huet.

Am Projet ass net nëmme virgesinn, nei Ateliere ze bauen, mä och déi bestehend Gebailechkeete ginn de modernen Ufuerderungen a Standarden ugepasst. Insgesamt gëtt e Volume vun 8.630 m<sup>3</sup> ëmgebaut an et gi 25.000 m<sup>3</sup> nei gebaut. D'Zuel vu behënnerte Persounen, déi um Site schaffen, wäert vun haut 100 mëttelfristeg op ronn 200 eropgoen, also quasi verduebelt ginn. D'Gesamtkäschte vum Bauprojet belafen sech op 22 Milliounen Euro.

De fënnefte Projet ass d'Instandsetzung an d'Renovéierung vum Thermalbad zu Munneref. Wéi Der all wësst, regroupéiert den Domaine thermal verschidden Aktivitéiten op engem selwechte Site: fir d'Éischt emol den Thermalismus mat de Soenen am Kader vun enger verschriwwener Therapie; zweetens, de Spa, Wellness a Fitness; an drëtts, d'Hôtellerie an d'Restauratioun. Déi zwéi Gebaier „Les Thermes“ an „Parc Hôtel“, déi an de Jore '85 respektiv '88 gebaut gi sinn, brauchen esou lues eng grouss Renovatioun, fir sech deenen neie Besoinen, Normen a Virschreften unzepassen.

Den Deel „Santé“ vum Projet besteet doran, datt gréisser Renovéierungs- a Moderniséierungsarbechten an och eng Reorganisatioun duerchgefouert ginn. Den Deel „Mondorf Domaine thermal“ betrëfft d'Beräicher Wellness, Fitness, Spa an „Parc Hôtel“. An den Deel „Gebaier“ besteet doran, all Gebaier den neien Ufuerderungen a puncto Sécherheet, Technik an Energie unzepassen.

Et handelt sech hei ëm Bruttofläch vu ronn 31.000 m<sup>2</sup>; Volume: 125.000 m<sup>3</sup>. Eng Projektion vun de Käschte gëtt et nach net.

Bei dësem Projet muss een awer ënnersträichen, datt de Stat nëmmen d'Deeler „Santé“ an „Gebaier“ bezuelt. Et ass evident, datt d'Renovatioun vun de Beräicher Wellness, Fitness, Spa an Hotel net vum Stat bezuelt ginn, mä vum Centre thermal et de santé selwer. Et kann een awer Zäit a Geld spueren, wann een dee ganze Projet zesumme realiséiert an et just ee grouse Chantier gëtt; wat och soll gemaach ginn. Well de Stat Propriétaire vun alle Gebaier ass, muss hien d'Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung anhalen an dofir och sämtlech ufalend Käschte beim Deel „Gebaier“ iwwerhuelen.

D'Bauverwaltung huet eiser Kommissioun eng detailléiert Note iwwert d'Opdeele vun de Käschte vum ganze Projet zougestallt gradesou wéi eng Kopie vun der Konventioun tëschent dem Centre thermal et de santé an dem Stat.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war elo dee leschte Projet, deen d'Bauverwaltung betrëfft.

Ech kommen elo dann zu de Projete vum Fonds des routes.

Do gëtt et am Fong zwéi gréisser Projeten. Dat eent ass déi nei N3, an do zweemol Duelem: de Module „nord“ an „central“; an zweetens dann d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen a Richtung Zone d'activités Houwald; d'Ofännerung vun den Échangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz an den Aménagement vun de Stroossebauinfrastrukturen am Midfield.

Dës si wichteg Projete fir de Südaccès an d'Stad. Jiddwereen, dee schonn emol an de Spëtzenonnen hei am Stau stoung, dee weess, wéi noutwendeg dës Aménagementen sinn.

Déi nei N3 hëlt hiren Départ südlech vun Alzeng, gëtt dann un d'Rue des Scillas ugebonnen a verlängert sech duerno vun der Rue Rangwee aus laanscht d'Eisebunnsinstallatiounen, fir dann erëm virum Pont Buchler zu Bouneweg op d'Route de Thionville ze stoussen.

Dee ganze Projet „nei N3“ besteet aus dräi Modulen: „nord“, „central“ an „sud“, déi an der Mobilité-durable-Stratégie als „nei N3“ definiéiert sinn. Heiduerch kann ënner anerem d'Route de Thionville zrëckgestuift ginn. Et erlaabt eng generell a fundamental Neigestaltung vum öffentleche Raum an den Uertschaften Alzeng, Fenteng, Hesper, Houwald an och am Quartier Bouneweg. Heiduerch ginn déi bestehend Stroossen dauerhaft vum Verkéier entlaascht, wat jo eng däitlech Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir déi concernéiert 25.000 Awiner bedeit.

### (Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

Beim Projet, ëm deen et haut geet, handelt et sech ëm zwéi Modulen, „nord“ an „central“, vun der neier N3. D'Chamber hat jo an der Motioun vum leschte Joer am Kader vun dësen Diskussiounen schonn hiren Accord fir de Module „sud“ ginn.

De Module „nord“ ass onëmgängelech, fir déi aktuell N3 ze reorganiséieren am Hibleck vun enger Verlängerung vum Tram vun der Gare aus a Richtung nei Quartieren: Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald respektiv fir den Uschloss un d'Pôles d'échange Houwald, Cloche d'Or a Bouneweg, esou wéi se och an der Strategie vun der Mobilité durable definéiert sinn.

De Module „central“ gëtt den Zoufahrtsweg an déi nei Quartiere Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald a verbënnt déi nei N3 mat der Gare. An da soll de Module „central“ och eng Kéier d'Streck gi fir den Tram. An et ginn och hei Moossname geholl, fir dem Bus d'Prioritéit ze ginn.

Éischten Estimatiounen no wäerten déi zwéi Modulen, vun deenen ech elo geschwat hunn, 52.100.000 Euro kaschten.

Dann den zweete Projet, also d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen a Richtung Zone d'activités Houwald, garantiéiert den Uschloss un d'Autobunnsnetz, stellt och eng ganz performant Kräizung mat der neier N3 duer. Dat erméiglecht och, e wichtige Verkéiersdräieck ze schafe mat dem Boulevard Raiffeisen, der Rue des Scillas an dem Boulevard Kockelscheier.

Dësen Dräieck stellt d'Hauptverbindungsachsen tëschent deenen neie Quartiere Ban de Gasperich, Midfield a Zone d'activités Houwald duer. De Projet begräift da schlussendlech och nach d'Emännerung vun den Échangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz an den Aménagement vun de Stroosseninfrastrukturen am neie Quartier Midfield.

D'Käschte vum gesamte Projet hei ginn op 94.400.000 Euro geschat.

Et sief awer gesot, datt et sech hei bei all dësen Projeten, an d'Pläng ware jo och an dem Exposé des motifs bäigeluecht, net ëm definitiv Pläng handelt, mä just ëm eng Ébauche, déi nach ka geännert ginn, wann et bis esou wäit ass. An ausser am Midfield ass och kee weidere Ausbau vun de Capacitéiten fir den Individualverkéier virgesinn. Wann d'Stroosse verbreedert ginn, ass et just, fir dem öffentleche Verkéier méi Floss ze ginn an deen ze favoriséieren.

Deen nächsten an domat och leschte Projet aus dem Fonds des routes ass dann dee vun der Sanéierung vum Viaduc Sernigerbaach. Dat seet deene meeschte vun Iech spontan net ganz vill. Wann ech awer soen, datt dat d'Autobunnsbréck op der A1 op der Héicht vu Waasserbëlleg just virum der däitscher Grenz ass, da ginn ech dervun aus, datt déi meescht vun Iech schonn driwwergefuer sinn.

Dës Viaduc, deen tëschent '83 a '85 gebaut ginn ass, muss aus statesche Grënn sanéiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm zwou parallell Brécken, fir all Fahrtrichtung eng, mat enger Gesamtlängt vu 605 Meter. Well op der A1 jo awer vill Verkéier ass, gëtt virgeschloen, d'Aarbechten a Phasen auszuféieren, déi et erlaben, de Verkéier mëglechtst onbehellegt weiderlafen ze loossen.

Et gëtt geschat, datt d'Aarbechten 30 Méint wäerten daueren a ronn 10.800.000 Euro kaschten.

Ech kommen dann elo schlussendlech zu de Projete vum Fonds du rail.

Lass geet et mat der Moderniséierung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten. Dës ass en héich technesche Projet, soudatt ech mech bei mengen Ausféierungen op dat Wesentlecht limitéieren. Fir de Rescht bieden ech Iech, den Detail a mengem schrëftleche Rapport nozeliesen.

Hei ass virgesinn, d'Linn Lëtzebuerg-Klengbetten ze reelektrifizéieren, de Bunniwwergang mat Barrière zu Klengbetten ofzeschaffen an d'Foussgängeriwweggänger iwwert d'Gleisen nei ze bauen.

Am Kader vum Projet Eurocap-Rail hat d'Chamber schonn am Dezember 2006 hiren Accord gi fir eng komplett Moderniséierung vun der Linn Lëtzebuerg-Klengbetten. Virum Hannergrond vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun ass awer décidéiert ginn, dës Projet an der Zäit ze strecken an an dräi Phasen opzespäcken. Dës dräi Phase sinn: Erneuerung vun de Stellwierker, Ofännerung vun den Installatiounen de traction électrique, Aarbechten un der Streck selwer an och verschide Bauten.

Duerch d'Gesetz vum 19. Juli 2012 ass déi éischt Phas autoriséiert ginn. Am Oktober 2011 hu mer heibannen och eisen Accord de principe gi fir déi zweet Phas vum Projet, mä am Laf vun den Etüde fir dës zweet Phas ass festgestallt ginn, datt Aarbechten un dräi Foussgängeriwweggänger néideg sinn, an zwar déi beim Mamer Lycée, zu Mamer selwer an och zu Klengbetten.

Des Weidere wäerten zu Klengbetten d'Schinnen zukünfteg esou sinn, datt et besser ass, hei deen aktuelle Foussgängerpassage, deen hätt misse vergréissert a komplett erneiert ginn, ewechfalen ze loossen an e Stéck niewendrun um Point kilométrique 17,030 duerch en neien Iwwergang ze ersetzen. Dës Léisung gëtt d'ailleurs och méi bëleg.

De Gesamtkäschtepunkt beleeft sech virauszichtslech op 65 Milliounen Euro.

Den nächsten a leschte Projet ass hei dee vun der Gare zu Esch-Uelzecht, a méi prezis de Réaménagement an den Ausbau vum Bâtiment voyageurs. Dës Projet gëtt am Kader vum Bau vun der neier Jugendherberg um Site vun der Gare zu Esch realiséiert. Et ass virgesinn, déi 270 m<sup>2</sup> Geschäftsflächen um Rez-de-chaussée ze réamélagéieren an eng ronn 1.800 m<sup>2</sup> Büroflächen, verdeelt op fënnf Stäck, iwwert dem Hall vun der Gare ze schafen.

Momentan gëtt geschat, datt dës Projet eng 12.500.000 Euro kaschte wäert.

En Drëttel dovunner géif fir d'Instandsetzung vun dem bestehende Gebai fir d'Voyageuren opgebraucht ginn. Déi nei Geschäftsfläche solle verlount ginn, wat ongeféier 588.000 Euro u Loyer all Joer soll erabrëngen. Wann een dovunner d'Ënnerhalts- an d'Gestiounskäschten an der Héicht vu ronn 117.000 Euro ofzitt, da bleiwen nach eng 471.000 Euro rescht pro Joer, an et brauch een net emol fréier e Mathésproff gewiescht ze sinn, fir da séier am Kapp, oder wéi et haut gemaach gëtt, um Handy oder op der Rechemaschinn auszerechnen, datt den Invest domat no 27 Joer amortiséiert wier. Also en interessanten Invest.

Hei ass awer nach ervirzehiewen, datt, éier mat dësem Projet ugefaange gëtt, déi bestehend Geschäftsfläche renovéiert a moderniséiert ginn, well se awer och guer net méi den aktuelle Kritäre vu Confort fir d'Clienten an d'Benotzer vum öffentlechen Transport gerecht ginn.

Dës kleng Projet soll ronn 1.050.000 Euro kaschten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës war dee leschte Projet vun der Lëscht, déi ech haut virstellen hat. D'Kommissioun hat weider keng Bedenke bei all dësen Projeten an huet e favorablen Avis dozou ginn.

Am Numm vun der Kommissioun froen ech dann och d'Chamber, hiren Accord ze ginn, fir datt déi néideg Etüden a Planunge fir d'Realisatioun vun dësen wichtegen Infrastrukturprojete kënnen an Ugrëff geholl ginn. Ech erlabe mer och, Iech, Här President, eng deementsprechend Motioun ze iwwerreechen. An ech ginn och gläichzäitig d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dëser Motioun.





## Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructures;

- vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;

- vu d'autre part:

- l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructures du 22 mars 2001;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructures dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructures adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «grands projets d'infrastructures Travaux publics» du 23 octobre 2008;

- considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros;

- vu la liste des projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures lors des séances des 18 septembre 2012 et du 17 octobre 2012 de la Commission du Développement durable;

- considérant que suite aux informations détaillées fournies par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2013 afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Bâtiments publics

- procéder à la construction d'une 5<sup>ème</sup> extension de la Cour de Justice de l'Union européenne, devenue nécessaire afin de donner suite à l'évolution de l'effectif de la Cour;

- réaliser le réaménagement et l'extension du Palais de Justice à Diekirch et une remise en état générale du bâtiment historique;

- faire construire un lycée à Mondorf-les-Bains qui est un des trois lycées prévus dans la phase 2 inscrite au plan directeur sectoriel «Lycées», zone du Sud-Est;

- procéder à l'extension des ateliers de la Fondation Kräizbiërg à Dudelange par la construction de nouveaux ateliers, la mise en conformité ainsi que le réaménagement et l'adaptation des bâtiments existants;

- procéder à la mise en conformité ainsi qu'à la rénovation des immeubles du domaine thermal de Mondorf-les-Bains construits dans les années 1980 et nécessitant une remise en état pour se conformer aux normes et prescriptions en vigueur;

b) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Ponts et Chaussées

- mettre en œuvre la réalisation de la «nouvelle N3», qui prendra son départ sur la N3 au sud de Alzingen, se raccordera à la rue des Scillas et se

prolongera à partir de la rue Rangwee le long des installations ferroviaires pour rejoindre de nouveau la route de Thionville/N3 en amont du pont Buchler à Bonnevoie, ceci dans le contexte de la stratégie MoDu qui recherche à restructurer le réseau urbain existant de manière à permettre à la fois la desserte des zones à haut potentiel de développement urbain et un déstassement durable des localités Alzingen, Fentange, Hesperange, Howald et du quartier de Bonnevoie;

- réaliser le prolongement du boulevard Raiffeisen/CR231 vers la Z.A. Howald et modification des échangeurs «Hesperange B3/CR2311» et «Croix de Gaspé» avec aménagement des infrastructures de transport routières du nouveau quartier Midfield;

- procéder à la réhabilitation du viaduc de Sernigerbaach, qui s'impose (- mise en conformité de la structure métallique; - remise en état des encorbellements, de l'étanchéité et des superstructures) suite à l'observation de désordres importants au niveau du tablier et de certaines déformations (voilement) au niveau des âmes de la structure porteuse de l'ouvrage, construit entre 1983 et 1985 afin de permettre à l'autoroute A1 de traverser la vallée de Sernigerbaach au niveau de Wasserbillig, juste avant la frontière allemande;

c) en ce qui concerne le champ d'intervention du département des Transports

- réaliser la modernisation de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen - deuxième phase: électrification de la ligne, suppression du passage à niveau n°85 à Kleinbettingen et reconstruction de passages supérieurs;

- procéder au réaménagement et à l'extension du bâtiment-voyageurs en gare d'Esch-sur-Alzette, ceci dans le cadre de la construction, par la ville d'Esch-sur-Alzette, de la nouvelle auberge de jeunesse sur le site de la gare d'Esch-sur-Alzette.

(s.) Fernand Boden, Lucien Clement, Fernand Etgen, Roger Negri, Marc Spautz.

Ech soen lech Merci.

► **Mme le Président.**- Merci.

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.**- Madame Presidentin! Entschëllegt, ech hat net hanneru mech gekuckt.

► **Mme le Président.**- D'Madame President hëlt dat entgéint an iwwerrecht dem Här President dat dann. An da soen ech domat dem Här Rapporteur Merci.

Den éischte Riedner, deen agedroen ass, ass den Här Fernand Etgen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

## Débat

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Madame Presidentin, Kolleginnen a Kollegen, d'Débat iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojete steet dës Joer ganz kloer am Zeeche vun der Konsolidéierung vun de Statsfinanzen. D'Regierung wëllt den Defizit am Statsbudget duerch Aspuerunge bei den Investissementer kompenséieren.

Vun deem ganze Spuer- a Steierpak, deen d'Regierung eréischt am zweeten Ulaf mat Hëllef vun de Majoritéitsfraktiounen op d'Been kritt huet a wou am Ganzen 952 Milliounen Euro agespuert ginn, maachen déi direkt an indirekt Investissementer 287 Milliounen aus. Dat sinn 287 Milliounen Euro, déi beim Gesamtvolumen vun den Investitiounsangabe manner ausgi ginn, wéi dat fir dat Joer virun de Fall war. Dat ass een zolitte Montant, wou een net gesäit, opgrond vu wat fir enge Kritäre verschidden Investissementer elo getäteg ginn an anerent net.

Et ass genau sou wéi bei deenen anere Spuermoossamen: De Griffel gëtt gezückt an et gëtt ouni erkennbart Konzept dat gestrach, wou ee mengt, et géif am mannste wéi dinn. Déi Politik muss een awer a Fro stellen, well mir d'Gefill net lassginn, datt hei méi mat Kontabelslogik operéiert gëtt, wéi mat wierklechen inhaltleche Politikwiesselen.

Mat Subventiounen kréie mer net alles geregelt. An oft erreeche mer déi Ziler emol net, fir déi mer d'Subventiounen iwwerhaupt ausginn hunn. Mir soen duerfir, et misst een zwou Saachen maachen: d'Politikziler iwwerpräiwen, fir déi déi eng oder aner Subventioun agesat ginn ass, an d'Subventiounsmechanisme selwer iwwerpräiwen a kucken, wat d'Alternative kéinte sinn.

Sou wëll ech drun erënneren, datt mir am Beiraich vun der Familljepolitik proposéieren, kloer Choixen ze treffen, déi de Besoiné vun der Gesellschaft haut méi no kommen a wou mir méi op Betreuungs- wéi op Geldleeschtinge setze wëllen. Mir mengen, datt een am Energieberäich méi kann erreeche mat Virfinanzierungsmechanismen anstatt mat Subventiounen.

De Finanzminister huet zwar fir dësen an och fir de Budget vum nächste Joer, dee mir geschwënn hei diskutéieren, a senger Circulaire d'Administratiounen opgefuerdert, de Prinzip vum „zero-based budgeting“ ze applizéieren, mä d'Resultat kenne mir. Amplaz all Dépensen op de Leescht ze huelen an ze kucken, ob se nach berechtegt sinn an hiert Zil och erreechen, huet de Finanzminister eng aner Lëscht aus zesummegewierfelte kleng Posten presentéiert. D'Majoritéitsfraktioun ware selwer esou geschockt, datt si nach eng Kéier nogebessert hunn. Mä och si hunn deeselwechte Feeler gemaach a just gekuckt, wou et nach eppes ze rafe gëtt.

Madame Presidentin, genausou wéi eise Statsbudget, mat deem een d'Politik fir d'Wuel vun eise Land a senge Leit finanzéiert, sinn och d'Investissementer, déi de Stat täteg, ee wichtige Facteur fir eis Gesellschaft, net nëmmen opgrond vun deenen Infrastrukturen, déi geschaf ginn, mä och, well se eis Economie ënnerstëtzen. Et ass duerfir schued, datt an dësen Zäiten net op dat voll Potenzial vum Stat senger Finanzcapacitéit kann zrëckgegraff ginn, well d'Regierung et net fäerdegrëngt, dee virun ugeschwatene Politikwiessel ze maachen.

Eiser Meinung no gëllt et awer, d'Efforté fir déi öffentlech Infrastrukturen ze moderniséieren, virunzeféieren. An der Kris däerf ee keng Feeler maachen. Et wier falsch, bei den Investissementer ee radikale budgetäre Spuerkurs ze fueren.

Madame Presidentin, duerch eng gezielt Infrastrukturpolitik mussen d'Jalane gesat ginn, fir gestärkt aus der Kris erauszegoen. D'Zilrichtung vun den Zukunftsinvestitiounen muss op nohalteg Entwécklung mat Zukunftspotenzial ausgerichtet sinn. Dat kënn mer mat Investitiounen a Bildungsinfrastrukturen respektiv mat Investitiounen a Fuerschungsprojete maachen. Grad an der Kris däerf een net un déi Projete fréckele goen, déi eis Zukunft virbereeden.

An den Nohaltegkeetsminister ass zesumme mat der Stad Lëtzebuerg iwwerzeegt, datt d'Mobilitéitskonzept MoDu eis Zukunft virbereet, well d'Mobilitéit e wesentleche Standuertfacteur ass. An en Tram ass een Haaptelement vun dëser Mobilitéetsketten, sot den Nohaltegkeetsminister. Hie schreift: «Il n'en demeure pas moins que la mise en œuvre de cette stratégie globale coûtera toujours beaucoup d'argent, mais les dépenses afférentes constituent autant d'investissements en partie anticycliques dans notre avenir. En ce sens, il s'agit de dépenses à la foi nécessaires et bien placées qui nous permettent d'être plus compétitifs demain et après-demain, dans un souci de développement durable.» Dat war virun der Vakanz.

An dësem Sënn goufen dës Joer Projete vum Fonds des routes op d'Schinn gesat, déi wichtige Elementer an der Mobilitéetskette verbonne mam Tram duerstellen: déi nei N3 wéi och d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen, d'Modifikatioun vun den Echangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz wéi och de Stroossenaménagement vum neie Quartier Midfield, an dat genau esou, wéi dës Projeten an der MoDu-Strategie definéiert goufen.

Mat der Stad Lëtzebuerg huet de Stat sech eens gemaach iwwert de Finanzement, wat den Tram ubelaangt. No der Vakanz elo op eemol seet de Fraktiounschef vun der CSV am Numm vu senger Fraktioun, d'Majoritéit géif net méi zum Finanzéierungskonzept vum Tram stoën.

## (Interruption)

Mir hätten hei an haut gären Opschluss dorüwer, ob dat just dem Här Spautz seng Meinung ass oder och der ganzer Regierung hir Meinung. De Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, huet schonn drop higewisen, datt d'Projeten am Ganze 94.400.000 Euro kaschten.

Madame Presidentin, war dës Débat iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten uganks geduecht, fir e bessere finanzielle Suivi ze garantéieren, gouf et een Émdenken an deene leschte Joren, wou gezielt gekuckt ginn ass, wou déi eenzel Projeten, déi am Laf vun de Joren op d'Lëscht gesat goufen, an der Tëschenzäit dru sinn. An dës Lëscht gëtt ëmmer méi grouss. A wann een de Käschtpunkt vun all deene Projete géif addéieren, d'Dronkenelle géifen engem ausgoen!

Et mussen also Prioritéite gesat ginn. An dat huet de Minister och a senger MoDu-Strategie gemaach, mam Resultat, datt d'Projeten, déi viru fënnef, sechs Joer vun der Chamber op dës Lëscht gesat goufen, virun 2030 keng Chance kréien, realiséiert ze ginn.

Do fanne mir och vill Projeten erëm, déi den Norde betreffen. Als Beispill wëll ech hei d'Émgehing vun Nidderfeelen nennen: Fënnf Joer, nodeems dës Chamber gréng Luucht ginn huet, fir mat der Planung vun dësem Projet unzefänken, ass d'Realisatioun vun dësem Projet op den Zäitraum wäit no 2030 zrëckgeréckelt ginn.

Aner wichteg a richteg Projeten, fir d'Entwécklung vun der Nordstad zum Beispill - d'Nordémgehing vun Dikrech an d'Südémgehing vun Ettelbréck, déi jo och scho viru fënnf Joer gréng Luucht an dësem Haus kruten -, gi frëistens no 2025 realiséiert.

Ech kéint nach vill esou Beispiller opzielen. Datselwecht gëllt fir eng Rei Eisebunnsprojeten, wichteg Projete fir d'Zukunft vun eise Land, wichteg Projeten, fir um Horizont 2020 e Pourcentage vu 25% öffentlechen Transport ze erreechen.

Et ass dës de Bewäis, datt d'Regierung den Iwwerbléck verluer huet iwwert d'Prioritéite bei den öffentlechen Infrastrukturen. Et ass dës de Bewäis, datt deen Exercice, dee mer haut maachen, zu enger renger Ukënnegungsprozedur verkomm ass, wou just Tape-à-l'œil gemaach gëtt. Et ass dës awer och de Bewäis, datt et der Regierung an der Vergaangenheet un engem kloer Konzept gefeelt huet, wat souwuel de Bauprogramm wéi awer och d'Programmation finanziere ubelaangt.

Et ass awer de Bewäis, datt mer och an der Vergaangenheet ze deier an ze lues gebaut hunn. Mir bauen ze deier, och wann d'Käschte besser am Grëff gehale gi par rapport zu den Devisen, wéi dat virun de Fall war. Mir bauen alles selwer, an och hei mussen mer eis d'Fro stellen, ob mer net op aner Finanzéierungsmechanisme wéi och op PPPe müssen zrëckgräifen. Dorüwer mussen mer eng Debatt hei am Haus féieren.

Här President, Madame Presidentin, et ass richtig: D'Infrastrukturprojeten ze plangen an ëmsetzen brauch seng Zäit. Mir brauchen duerfir een neie Konsens hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Bedeitung vun den Infrastrukturen an iwwert d'Prozeduren, fir d'Zukunftprojete méi séier ëmzesetzen. An hei ass d'Politik gefuerdert. Et ass un der Politik, den Infrastrukturen eng méi héich Prioritéit ze ginn a Planungs- a Genehmigungsprozedure virunzedreiwen an ze optiméieren. Dës Prozedure mussen virun allem méi séier, méi effizient a méi verständlech fir jiddweree gemaach ginn. Dat setzt awer eng politesch a gesellschaftlech Akzeptanz viraus. Grad esou Projeten hei zu Lëtzebuerg dauere Jorzéngten a fannen net genuch Akzeptanz an der Gesellschaft.

Beispiller aus der Vergaangenheet: d'Nordstrooss. An elo ass et och esou beim Tram. Vill hängk vun enger birgerfrëndlecher Participatioun a vun enger transparenter Kommunikatioun of. Vill Biergerinnen a Bierger hunn den Androck, datt grouss Projeten iwwer hir Käpp ewech entscheet ginn. Eng Fäerdgestellungsduer vu 20 Joer, wéi bei der Nordstrooss, kritt een net verméttelt. Transparenz beim Planen, Käschtentransparenz an Transparenz, wat d'Nofolgkäschten ubelaangt, dat muss eist Zil sinn. Ech hunn et virdu gesot: Et ass wichtig, Akzeptanz ze schafen. A grad duerfir muss een esou Virstéiss wéi deen a puncto Tram vun CSV-Fraktiounschef vehement zrëckweisen!

Madame Presidentin, erlaabt mer elo, e puer Projete vun der Lëscht vun de Bauprojete méi genee ze analyséieren.

Esou wéi de Rapporteur freeën ech mech iwwert de fënnften Ausbau vum Europäesche Gerichtshaff. Mat dësen Investitiounen an Héicht vun 152 Milliounen Euro gëtt d'Präsenz vun dëser Institutioun mat 2.500 Leit ofgeséchert. De Bau kritt Aarbecht fir e puer Joer an de Statsbudget gëtt net laangfristeg belascht, well een den Invest a Kapital an Zënse rembourséiert kritt.

Als Dikrecher Verwaltungsmënsch freeën ech mech och iwwert den iwwerfällige Réaménagement an d'Vergrößerung vum Gerichtsgebai zu Dikrech. Mir begreifen, datt dat majestatescht an ästhetesch Gebai der Justiz am Häerz vun Dikrech erhale bleift. Mat dësem Projet kritt d'Dikrecher Gericht endlech déi Raimlechkeeten, fir optimal kënnen ze funktionéieren, opgrond vun deem personellen Zouwuess vun deene leschte Joren an deem Plus u Personal, deen déi nächst Joren nach muss derbäikommen.

## (Interruptions)

Bei den Debatte vun deene leschte Joren huet d'Demokratesch Partei d'Regierung schaarf kritiséiert weinst hirem onverständlechen Zickzackkurs, wat de Bau vun neie Lycéeën ubelaangt. Mir wëllen dem Minister dës Joer Merci soen, datt eiser Motioun vum leschte Joer, fir direkt mat der Planung vun engem neie Lycée zu Munneref unzefänken, Rechnung gedroe ginn ass. Et ass definitiv falsch, fir bei de Schoulinfrastrukturen ze spueren. Als DP kënn mir net akzeptéieren an domadder d'accord sinn, datt déi verschidde Schoulprojeten, de Clieffer Lycée, dee vun Déifferdeng an dee vu Munne- ref, net konsequent virugedriwwen ginn.

Bedauere wëlle mer och, datt weider Schoulinfrastrukturen am Tube peche bleiwen. An dat besonnesch am Nordstad-Raum, de Lycée tech-





nique vun Ettelbréck, fir den Nordstad-Lycée heescht et nach ëmmer: «étude d’implantation en cours», fir de CNFPC: «terrain d’implantation non défini, comité d’acquisition en prospection», a fir de Lycée technique pour professions de santé muss nach d’PAG-Prozedur finaliséiert ginn. An alleguer déi, déi an de Gemengen aktiv sinn, déi wëssen, datt dat kann daueren!

Et feelt ganz einfach un engem Gesamtkonzept, fir am Raum Nordstad d’Schoullandschaft esou ze gestalten, datt mer hei eng komplett a perfekt Offer vun alle méigleche Formatioune fir de gesamten Nordbezirk kënnen ubidden.

An och dëst Joer wëll ech widderhuelen, datt grad Schoulinfrastrukturen op en IVL-kompatible Site mussen implantéiert ginn. Et geet net duer, fir ee Ministère fir nohalteg Entwécklung ze schafen, vun nohalteger Entwécklung ze schwätzen. Et muss ee senge Wiederer och konkret Rechnung droen. An dat ass bei der neier Akerbauschoul net geschitt! Obwuel deen entspreichende Projet de loi gestëmmt ass, kënn den Minister mat den Exécutiouns- an Autorisationsetüden net virun. De virleende Projet ass a bleift a krassem Widdersproch zu de Leitlinne vum Masterplang Nordstad, a krassem Widdersproch zu deem hei festgeluechtene Rahmekonzept an ass net IVL-konform!

Et ass nëmmen normal, datt d’Gemeng Dikrech dësem Projet hir Zoustëmmung net ka ginn. An awer hält de Minister um Site vun de Gilsdrefe Heichte fest an huet de Laboratoire vun der ASTA vum Schoulprojet lassgeléist, ouni fir dësen Deel eng Alternativ ze hunn. An dobäi brauch d’Landwirtschaft dréngend en Ausbildungszentrum, e Kompetenzzenter, woubäi d’Schoul d’Häerzstéck soll sinn.

Als Demokratesch Partei géife mir eis wënschen, datt de Minister de Site zu Gilsdref geif opginn, fir esou schnell wéi méiglech op enger anerer Plaz eng nei, funktionell Akerbauschoul opzeiichten, déi esou schnell wéi méiglech an dësen konkret Realisatiounsphas soll goen. Fir d’DP ass et eng absolut Prioritéit, an d’Käpp vun eise jonken zukünftege Baueren ze investieren.

Madame Presidentin, no all deenen Explikatiounen, Kritiken, Suggestiounen a Wënsch wollt ech d’Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun zu den neie Projekte ginn, fir déi d’Chamber 2012 gréng Luucht soll ginn, fir d’Planungsphas konkret ulafen ze loosse.

Ech soe Merci fir d’Nolauschteren.

► **Mme le Président.** - Merci dem Här Etgen. Deen nächste Riedner ass den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Président-rapporteur Fernand Boden Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schréfflech wéi mëndlech.

Wéi all Joer leien eis eng Rei öffentlech Infrastrukturprojete vun de Bâtiments publics, de Ponts & Chaussées an der Eisebunn vir, zu deene mer haut den Accord ginn, dass dës Projekte sollen en détail studéiert ginn, ouni awer domadder implizit den Accord zu hirer spéiderer Realisatioun bei deene gréissere Projekte mat ze ginn.

Éischstens, am Beräich vun de Bâtiments publics sinn et fënnf Projeten: wéi zu Mondorf de Bau vun engem Lycée an d’Renovatioun vum Domaine thermal, zu Diddeleng d’Extenssioun vun den Ateliere vun der Fondation Kräizbierg, zu Dikrech d’Erweiderung vum Gerichtshaff, wou ech de Minister froe wëll, ob déi virgesinne Raimlechkeete wierklech duerginn, fir déi 19 Riichter, 13 Greffieren, zéng Sekretärsposten, mat den entspreichende fënnf néidege Säll, ënnerzebréngen. Wann dat net de Fall sollt sinn, wollt ech den Här Minister froen, ob et net méiglech ass, aner, zousätzlech Raimlechkeeten zu Dikrech an d’A ze faassen.

Dann um Kierchbierg: Déi weider Extenssioun vum Europäesche Gerichtshaff ass fir de Standuert Lëtzebuerg als eng vun den Europahauptstied enorm wichteg, wat Lëtzebuerg verstärkt hëllef wäert, d’EU-Institutiounen an eisem Land ofzesécheren. Dat schafft net nëmme Prestige, mä och ëm déi 2.500 Aarbechtsplazen, déi der Attraktivitéit an der Wirtschaft vun eisem Land zeguttkommen.

Madame Presidentin, zweetens, am Stroossebau sinn niewer der néideger Remise en état vum Viaduc vum Sernigerbach op der Autobunn fir op Tréier, um Grenzwäergang Waasserbëlleg, nach an der Stad Lëtzebuerg, virun allem am Süddeel, eng ganz Partie nei Stroosse geplangt, vum Ban an der Croix de Gasperich, Midfield, Houwald, Bouneweg iwwert de Pont Jean-Pierre Buchler a Richtung Gare centrale. Do verlafen deelweis parallel Trassen a schéngen nach net definitiv fixéiert ze sinn.

Dofir wär et vläicht interessant, vum Minister e puer Informatiounen ze kréien iwwert d’Ge-

samtkonzept, wou dës Stroossen hiféieren, a besonnesch mat Bléck op den Tram, dee jo hoffentlech seng Roll do wäert spillen am Sënn vun engem optimalen „modal split“ fir den öffentlechen Transport.

Madame Presidentin, drëttens, um Eisebunnrséseau ginn ebenfalls zwee nei Projekte proposéiert. Deen éischte Projet betrëfft d’Erneiere vun der Escher Zuchgare an de „Billjeesschaltieren“, wéi ee seet, déi net méi de moderne Standard vum haut entspreichen.

Zur gläicher Zäit baut d’Escher Gemeng um Site vun der Escher Gare selwer och eng nei Jugendherberg. Dat Escher „Bâtiment-voyageurs-Gebai“, wéi dat op der Eisebunn heescht, ass iwwregens fënnf Stäck héich a gëtt als Büroen a fir Geschäfte verlount. Domat kritt de gesamte Site vun der Escher Gare mat der neier Busgare an der aussergewéinlecher, architektonesch gutt gelongener Foussgängerbréck Richtung Gaalgebierg en neit Gesiicht, wat net nëmmen de Passagéier zeguttkënn, mä och méi Liewen a méi Aktivitéiten op d’Escher Gare bréngt an domat een neien Incentive fir d’Benotze vun öffentlechen Transport - souwuel fir Zuch wéi Bus - brénge wäert.

Hei wollt ech den Här Minister froen, wéi den Interface tëschent den Zich an de Busser vum TICE optimiséiert ka ginn, souwuel organisatoresch wéi och visuell op Infopanneaue bannen a bausse.

Am Kontext vun der Mise en service vun der Uni Lëtzebuerg ab 2014 um Belval wollt ech de Minister och froen, ob do ugeduecht ass, vu Belval-Uni - et muss ee soen, der schéinsten Gare aus dem Land, wann net aus Europa - eng Navette op d’Escher Gare...

(*Interruption et hilarité*)

...zirkuléieren ze loosse, scho mat Ausbléck op den Escher Tram, wat sécherlech eng Plus-value a puncto Liewensqualitéit duerstelle géif, an net nëmme fir déi vill Studentinnen a Studenten, déi ab 2014 op de Belval kommen a bestëmmt och gären en Deel vun hirer Fräizäit an der Stad Esch selwer verbrénge wëllen. Mä dat géllt natierlech och fir d’Leit selwer, déi elo schonn zu Esch an um Belval wunnen a weider dohinner wunne kommen.

Vläicht kann eis de Minister an deem Sënn e puer Informatiounen ginn, och virun allem a senger Fonctioun als Minister vum Aménagement du Territoire - well all dat, wat de Moment an a ronderëm déi zweetgréisst Stad vum Land, zu Esch, geschitt, eng riseg Chance a puncto Liewensqualitéit duerstelt.

Beim zweeten Eisebunnprojekt geet et ëm d’Aarbechte vun der Lëtzebuerger Gare a Richtung Klengbettener Streck. Hei ginn d’Heichspannungsleitungen, am Eisebunnjargon „Caténaires“, vun 3.000 Volt Gläichstrom a 25.000 Volt Wiesselstrom ëmgebaut. Dëst erlaabt et der CFL, vun dann u mat deene selwechten Zuchvoituren um ganzen Eisebunnrséseau ze fueren, an et erlaabt der belscher Eisebunn, net méi mat hiren 3.000 Volt-Voituren, déi méi wéi 50 Joer al an délabréiert sinn, an d’Lëtzebuerger Land eranzefueren. Soss géifen déi wahrscheinlech nach Joren do scharjeekelen, wann ech dat emol kann e bësse sarkastesch ausdrécken.

Mä déi éischt Fro dohannert ass awer, wéi de Minister dat mat de belsche Kollegee geregelt huet, wat fir Voyageursvoituren agesat ginn tëschent Arel an der Gare Lëtzebuerg, déi jo mat Bicourants-Maschinen, also souwuel 3.000 Volt Gläichstrom wéi och 15.000 Volt Wiesselstrom, équipéiert musse sinn.

Fir déi nei 15.000 Volt-Caténaire op déi néideg Héicht vis-à-vis vun der Schinn normgerecht an domat sécher installéieren ze kënnen, mussen och eng Partie Brécken adaptéiert ginn an, well se souwisou scho wäit un hir Limite d’âge erukomm sinn, och komplett erneiert ginn, wéi zu Mamer d’Haapteisebunnbréck am Duerf selwer, an och déi beim Mamer Lycée.

Genausou néideg sinn och d’Erneierunge vun den zwou Tunnelbrécken am Agank an Ausgank zu Mamer, déi, wéi gewosst, op aner Projektskonte lafen, mä ech wëll ëmmer ëm drun erënneren, well déi héich leemeg Talusé ronderëm - a well mer do d’Buedemkonsistenz all ze gutt kennen - mer eescht Suerge maachen.

Zu Klengbetten gëtt de Passage à niveau oder d’„Barrière“, wéi se genannt gëtt, eliminéiert an duerech en imposante Bréckecontournement ersat, wou, esou huelen ech un, déi aktuell och eeler Bréck am Ausgank vun... am Agank, pardon, vu Klengbetten mat eliminéiert gëtt.

Zu der Suppressioun vu Barrière wollt ech den Här Minister froen, ob d’Suppressioun vum Passage à niveau zu Capellen - eng Barrière, déi extrem geféierlech ass, well eng S-Kéier viruläit a séier e Camion, en Auto oder e Bus agekält ka ginn - net och misst realiséiert ginn. Datselwecht géllt och fir déi Barrière zu Bartreng.

Da bleift nach just op där Streck de Passage à niveau zu Märel. Mä do ass et kaum virstellbar, dass dee kann eliminéiert ginn, dat aus Plazgrënn.

Am Kader vum Eurocap-Rail, der Verbesserung vun der Fahrzäit vu Lëtzebuerg op Bréissel, hu mir, wéi gewosst - an Ärer Äntwert, Här Minister, op meng parlamentaresch Fro N°2275 -, nach ëmmer de Problem, dass et an der Belsch, do, wou de Schung a puncto Augmentation de vitesse am meeschten dréckt, an de belschen Ardennen, dass et weider do schwierig bleift, déi néideg Kurven-Rectificatioune mat méi grousssem Radius ze finanzéieren - déi eenzeg Léisung, fir d’Vitesse an d’Luucht ze setzen.

A fréieren Zäiten, wou nach keng Kris war, hätt ee grad wéi beim TGV a Frankräich eng Kofinanzéierung mat eis an d’A faasse kënnen. Mä an dësen Zäiten ass op béide Säite kee Geld do, soudass sech un där ze laanger Fahrdauer vu Lëtzebuerg op Bréissel an absehbarer Zäit och kaum eppes verbessere léisst, wat schued ass fir den Image vum öffentlechen Transport, mä de Moment awer net ze änneren ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roger Negri** (LSAP). - Madame Presidentin, mat de Projekte vun haut a mat deene villen, déi amgang sinn, nach studéiert ze ginn, an deenen, déi schonn an der Realisatioun sinn, gesi mer, dass mer hei am Land weider an eis Infrastrukturen investéiere mussen, fir eist Land fit fir d’Zukunft ze maachen. Dofir ass et och gerechtfertegt, dass mer als Stat an engem verträgleche Mooss Schold maachen, wann et sech ëm generatiounsüwergräifend Projeten handelt. Dës Investitiounen sinn och wichteg fir eis Economie an domadder schafe mer och Aarbechtsplazen, e Kreeslaf, dee mer trotz Budgetsenkpäss - a besonnesch dann - erhalte mussen.

Dat geet nëmmen, wa mer déi richteg Prioritéite setzen. An dat kënnen mer nëmmen, wa mer dee genaue finanziellen Impakt vun de Projekte kennen. Dofir musse mer, éier mer bauen, detailléiert Etüde maachen. An dëst genehmegt d’Chamber mat der Motioun vun haut fir déi ugesprache Projeten.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu där Motioun a soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci, Här Negri. Déi nächst agedroe Riednerin ass d’Madame Lorsché. Madame Lorsché, Dir hutt d’Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Merci, Madame Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kollegen, fir d’Éischt dem Här Boden e grouse Merci, net nëmme fir seng ausféierlech Erklärungen zu de Projekte vun haut, mä och fir seng sachlech a fair Aarbecht als President vun der Kommissioun.

D’Debatt iwwer Infrastrukturprojeten erlieft haut eng weider Editioun, mëttlerweil déi siwent, mam villversprechenden Zil, méi Transparenz bei der Planung a beim Finanzement vu grouse Bauprojeten ze schafen. Mir wieren awer frou, vun der Regierung eng Äntwert ze kréien op eenzel Froen a Bedenken am Kontext vun dësen Projeten.

Ech wëll mat deem fir eis heikelste Volet ufänken, an zwar mat deem vun de Projeten am Stroossebau, déi an der Vergaangenheet bei der grénger Fraktioun ni op Begeescherung gestouss sinn an dat och dëst Joer nach net maachen, och wa mir gären zouginn, datt dat neit Mobilitéitskonzept méi Akzenter wéi jee op den Ausbau vun öffentlechen Transport leet, wat begrëssenswäert ass.

Nach ëmmer si mir awer fundamental der Meinung, datt duerech e besser organiséiert Netz an e flächendeckend Netz vun öffentleche Verbindungen an duerech eng flächendeckend Offer fir den net motoriséierte Verkéier de Bau vu weidere Stroosse längst iwwerflësseg gi wier an eisem Land.

Als erwisenen Europameeschter an der Zersiedlung vun der Landschaft an an der Zerstéierung vun der Biodiversitéit opgrond vu massivem Stroossebau aus de leschte Jore brauch Lëtzebuerg sech jiddefalls net ze bretzen, wat seng Mobilitéitspolitik aus der Vergaangenheet ubelaangt.

Eng vun de Stroossen, déi haut zur Diskussioun stinn, ass déi nei N3, déi am Numm vun ugekënnegte Paradigmewiessel zugonschte vun öffentlechen Transport soll entstoen. Nodeems den éischte Module vun dëser Strooss trotz evidenten Naturschutzproblemer schonn d’lescht Joer an déi grouss Lëscht vun den zukünftege Projeten opgeholl ginn ass, geet et haut ëm d’Modullen 2 an 3, déi d’Quartiere ronderëm Bouneweg, Houwald, Cloche d’Or, Midfield a Ban de Gasperich spéiderhi mam Tram solle verbannen.

Konsequenterweis ginn déi zwee Modullen dann och als indispensable Element vum MoDu duergestallt, wat zumindest aus der Perspektiv vun deem Verkéierskonzept eng logesch Approche ass.

Manner logesch gëtt dëse Projet awer, wann ee weess, datt d’Zukunft vum Tram nees um Spill steet, nodeems e politesch Schwéiergewicht aus der Partei vum Nohaltegkeetsminister, an zwar keen anere wéi de Fraktiounschef vun der CSV, offiziell deklaréiert huet, datt hien net méi mam staatleche Kofinanzement vum Tram d’accord ass, an domat seng eegen Décisioun vu viru fënnf Méint iwwer Bord gehäit.

Déi prinzipiell Fro, déi sech noutgedrungen aus deem Paukeschlag ergëtt, ass duerfir net méi déi vun enger neier Stroosseverbindung zum Tram, mä déi elementar Fro vun haut ass déi, wéi grouss d’Réckendeckung vum Här Spautz a sengen eegene Reien ass, an d’Fro ass och déi,...

► **Une voix.** - Immens grouss!

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - ...wéi wäit dat eenzeg Transportmëttel, wat a Spëttestonnen Dausende vu Beschäftegten op hir Aarbechtsplaz ka befördern an duerfir vun nationaler Bedeitung ass, der Kierchtuermropolitik an dësem Land muss Plaz maachen.

Fir eis als Gréng besteet jiddefalls keen Zweifel drun, datt souwuel d’Ëmwelt wéi och d’Economie nëmmen dann eng Zukunft hunn, wann den Tram zu Lëtzebuerg Realitéit gëtt. A mir zweifelen och net drun, egal a wéi engem Bezirk mir liewen a wunnen, datt de Projet vum Stat kofinanzéiert muss ginn, well et sech hei net ëm e kommunale Luxus handelt, mä eng national Noutwendegkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruption*)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Soulaang wéi dat net méi kloer ass, brauche mir weder vun enger Strooss bei den Tram ze schwätzen nach vun enger Etüd, déi de Bau vun dëser Strooss soll analyséieren. D’Motioun vun haut, déi dës Etüd an Optrag soll ginn, gëtt domat zumindest an deem Punkt hifälleg a wäert och net vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzt ginn, mat aller Sympathie, déi mir viru fir d’Motioun haten.

Vum Zentrum dann an de Süden. Den Här Spautz ass net hei.

(*Interruptions diverses*)

Dat si seng eege Paradoxe, dat sinn net eis.

Vum Zentrum dann an de Süde bei den Échangeur Biereng, deen an der Motioun zwar net opgeléicht ass, allerdéngs och op der Lëscht vun de Stroossebauprojekte steet, déi kuerz- bis mëttelfristeg solle realiséiert ginn.

Den Échangeur mat enger Parallelstrooss zu der Collectrice du Sud an engem Rond-point am Stil vum „Irrgärtchen“ soll am Hibleck op de Logistikcenter an op den Ausbau vum Containerterminal tëschent Diddeleng a Beetebuerg entstoen an den totale Kollaps vum Verkéier an deem Raum verhënneren.

Mir gi gären zou, datt dëse Projet um Pabeier no engem ausgeräifte Konzept ausgesäit, fir den Duerchgangsverkéier aus den Uertschaften erauszehalen, an - oh Wonner -, et ass och un de Vélo geduecht ginn. Dat ass scho bal eng Revolutioun.

Trotzdem si mir der Meinung, datt sech an der Praxis eng ganz Rei Froe stellen, net nëmme par rapport zu engem rasanten Zouwuess vum Verkéier an där Regioun, mä och par rapport zum Logistikcenter als héich gepriesent neit Standbeen vun der Lëtzebuerger Economie.

Quitte datt d’Schafung vun 3.000 Aarbechtsplazen an engem wirtschaftlech geschwächte Raum aus sozialer an ekonomescher Vue eng gutt Saach ass, froe mir eis awer, ob e Logistikbetrib, dee vum Schwéiertransport iwwert d’Stroossen ofhänkt - och wann den Transport herno um Zuch weidergeet - an domat och vum rasant steigende Pétrolspräis, ob deen nach eng bléiend Zukunft viru sech huet. Dat woe mir ze bezweifelen.

Mir denken drun, wéi den Här Krecké am Joer 2006 versprach huet, d’Aarbechtsplazen op deem Site ze verdräifachen. Et ass net geschitt, et ass net emol en Zéngtel vun deem agetratt, wat e virausgesot huet.

Sollt de Projet dann awer geléngen, entgéint deem, wat mer mengen, bezweifle mir nach ëmmer, ob et verkéierstechnesch iwwerhaupt sënnvoll ass, e Logistikcenter mat 3.000 neien Aarbechtsplazen an deeglech 800 zousätzleche





Camionen op engem Site tëschent zwou Gemenge mat insgesamt bal 30.000 Awunner ze implantéieren, an der gudder Hoffnung, datt all déi Leit, déi dohi schaffe kommen, an all déi Camionen, déi dee Site bedéngen, laanscht an net duerch d'Gemenge fueren.

Als Gréng si mir iwwerzeegt, datt de Problem vun Duerchgangsverkéier, souwuel an deem Raum wéi och soss am Land, net duerch de massive Stroossebau an duerch ee Contournement nom aneren ze léisen ass, mä virun allem duerch e flächendeckende Réckbau vun all de Stroossen an de Gemengen. Also och déi Stroossen, déi ënnert der Kompetenz vu Ponts & Chaussées stinn an och ënnert der Responsabilitéit vun där Verwaltung, mussen nei aménagéiert ginn, an dat an enger konstruktiver Zesummenaarbecht mat de Gemengen. Nëmmen esou bleift de Schwéiertransport dobaussen.

Op deem Chantier waarden also nach vill Zillen. Amplaz sech just drop ze stäipen, wier et méi sënnavoll, déi Zillen ze bewegen.

En anere Chantier, deen an eisen Ae méi thematiséiert misst ginn, wann et ëm grouss Bauprojekte geet, ass dee vum Tram am Süden. Ob-schonn de Fraktionschef vun der CSV sech a sengem Traktat fir eng transversal, rapid an ëmweltfrëndlech Mobilitéit vu Südost no Südwest breetgemaach huet,...

#### (Interruption)

...souzesoe vu Keel op Käerjeng a vu Rëmeleng op Stengefort, ass dat Wuert „Tram“ a kenger Zeil opgetaucht, et sief, ech hätt et iwwersinn.

► **Une voix.** - Neen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Begrëssenswäert ass dergéint d'Initiativ vum Parteipresident vun der LSAP, deen den Här Wiseler laut enger Informatioun vum «Quotidien» wollt treffen, fir ënner anerem och d'Fro vum Tram duerch de Süden ze diskutéieren.

► **Une voix.** - Aha!

#### (Interruption)

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Jo. Och wa mir net gewuer gi sinn, wat bei deem Gespräch erauskomm ass, gesäit et zumindest esou aus, wéi wann d'LSAP der grénger Partei bei der Fuerderung nom Tram am Süden de Réck wäert stäipen.

Et sief, d'Membere vun der LSAP géifen dat anescht gesi wéi hire Parteipresident, wat jo net onbedéngt ausgeschloss ass.

#### (Brouhaha)

Fir eis ass et jiddefalls kloer,...

► **Une voix.** - Et ass witzeg.

#### (Interruptions)

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - ...datt deen Tram gebraucht gëtt, virun allem am Hëllef op déi weider Entwécklung an dëser Regioun, déi mam Projet phare vu Belval en héich ekonomesch, wëssenschaftlecht a kulturellt Entwécklungspotenzial opweist, wat op kee Fall duerch eng feelend Mobilitéit gebremst därfer ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Net manner wichteg fir eis ekonomesch a kulturell Entwécklung ass an eisen Aen de Projet Eurocap-Rail mat der Moderniséierung vun der Klengbettener Streck, déi och an der Motioun erwähnt gëtt a mat insgesamt 65 Milliounen estiméiert gi war.

Ouni eng weider Kéier op déi jorelaang Verschleefunge vun deem Projet anzegoen, wëllt ech just betounen, datt de Montant am Budget vun 2013 vun 33 Milliounen op nach just 20 Milliounen zrëckgeschrauft ginn ass. Eng Spuermoosnam vun 13 Milliounen an engem Joer op enger fir eist Land prioritärer Streck ass eiser Meinung no net vertrieubar. D'Attraktivitéit vun der Streck op Bréissel kann net mat Spuermoosname verbessert ginn, mä eenzeg an eleng mat enger geziilter Investitiounspolitik zugonschte vum öffentlechen Transport.

► **Une voix.** - Hannert der Grenz.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Hannert der Grenz wéi virun der Grenz.

Ëm d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport geet et och bei engem anere Projet, an zwar bei deem vun der Escher Gare. Datt dës Gare am Kontext vum Projet vun der Jugendherberg wäert erneiert, ausgebaut an duerch Geschäfte opgewäert ginn, ass begrëssenswäert.

Wat mir als gréng Fraktioun awer bedauern, ass, datt de Projet sech just op d'Gebaielchkeet

vun der Gare limitéiert, ouni de Problemer Rechnung ze droen, déi säit éiwegen Zäiten um gesamte Site vun der Gare bestinn. Ofgesi vum aarmséilegen, dreckegen an deelweis kapotten Zoustand vun de Quaie, deenen en zolitte Facelifting géif guttduen, misst eiser Meinung no och eng weider Verbindung tëschent de Quaie vum Zuch an deene vun der neier Busgare ugeluecht ginn, fir de Leit den Iwwergang vun deem engen zum aneren Transportmëttel ze erliichteren.

Domat widderhuelen ech d'Fro vum Här Negri, déi hie virun och schonn opgeworf hat.

Datt d'Passerelle a Richtung Gaalgebierg duerch a Lift an eng Trap mam éischte Quai verbonnen ass, ass och schéin a gutt, mä wat notzt den Zougang, wann d'Dier tëschent dem Quai an der Passerelle permanent zougespaart ass?

► **Une voix.** - Tjo!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Des Weidere feelt et, souwäit wéi ech weess, u Kuerzzeitparkplazen am Beräich vun der Gare, déi et géifen erlaben, Persounen, déi net méi gutt zu Fouss sinn oder déi sech keen Taxi leeschte kënnen, bis bei d'Gare ze bréngen a bei den Zuch ze begleeden. An deem Sënn géife mir eis méi eng global Approche bei deem Projet wënschen, déi alle Facettë vun der Benotzerfrëndlechkeet misst Rechnung droen.

Dann zum leschte Volet vun dëser Debat, nämlech de Projeten am Beräich vun den öffentliche Bauten, déi mir an hirer Totalitéit ënnerstëtzen. Virun allem si mir fro, datt de Plan sectoriel «Lycées» mam geplangte Mondorfer Lycée eng Suite kritt.

Allerdéngs bedauere mir, grad wéi den Här Etgen virun, datt dee Projet nach esou bal net ëmgesat gëtt, well nach zwee aner Lycéëen op der Waardelëscht stinn, nämlech déi vun Déifferdeng a vu Clierf. Méi eng schnell Ëmsetzung vum Plan sectoriel «Lycées» wier an eisen Aen net vu Muttwëll an dréngend noutwendeg, well d'Schülerzuele permanent an d'Luucht ginn an d'Capacitéit vu ville Lycéëe schonn elo un hir Grenze stéisst.

Eleng an deene leschten zéng Joer sinn d'Schülerzuelen am Secondaire vun 32.000 op 40.000 Schüler geklommen, wat ëmmerhin eng Augmentatioun vu 25% ass. Och de massive Schülertransport quesch duerch d'Land kéint duerch méi e rapiden Ausbau vu regionale Lycéëe massiv reduzéiert ginn, iwwerdeems eng Gemeng mam Bau vun enger Schoul och méi attraktiv a méi lieweg gëtt.

Als sënnavoll betruachte mir och den Ausbau vun den Ateliers protégés um Kräizbiereg zu Diddeleng, well dëse Projet souwuel d'Qualitéit wéi och d'Quantitéit vun den Aktivitéiten op deem Site wéi och den Zougang dohi wäert verbessern.

Allerdéngs hu mir bei deem Projet eng grouss Suerg. Dat ass déi vun enger zouhuelender Orientéierung vu behënnerter Menschen an en Atelier protégé. Datt d'Zil vun der Behënnerterpolitik kengesfalls dierf dra bestoen, déi betraffe Persoune vun der Gesellschaft a vun der Aarbechtswelt ze isoléieren, dat soen net nëmme mir, mä dat seet och den Artikel 27 vun der Behënnerterrechtskonvention, déi mir als Land 2011 ratifizéiert hunn.

Op kee Fall dierfen d'Ateliers protégés benotzt ginn, fir Leit mat engem geschechten oder physischen Defizit vum fräien Aarbechtsmaart ofzeschiermen an hir Insertioun am Numm vun der, zwar gutt gemengter, mä kontraproduktiver Virsuerger ze verhënneren. Mam Ausbau vun den Ateliere um Kräizbiereg a mat der Verdueblung vun den Opnahme vun 100 op 200 Persounen gëtt dës Gefor nach méi grouss, ëmsou méi, well de Stat d'Salären an den Ateliere protégés säit dem leschte Joer zu 100% iwwerhëlt an d'Aarbecht an esou engem Atelier doduerch méi attraktiv mécht, wéi déi zwar méi schwier, mä wichteg Insertioun vu behënnerter Menschen an d'Gesellschaft.

Domat hätt ech viles, mä net alles gesot, wat eis an deenen dräi Beräicher wichteg schéngt, mä d'Zäit leeft fort.

Zum Schluss duerfir nach just kuerz e Bléck op den Här Minister mat enger Hoffnung hannendrun: Wa mir um Ufank bedauert hunn, datt e Projet vu grousser wirtschaftlecher Noutwendegkeet am Numm vun der Kris mëssbraucht gëtt, fir en un d'Wackelen ze bréngen a fir eng Regioun géint déi aner auszespillen, sou hoffe mir zum Schluss, Här Minister, datt Dir lech duerch esou Manöveren net un d'Wackele bréngen loosst a weiderhi fir de staatleche Kofinanzement vum Tram riicht wäert stoen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Deen nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Fernand Boden fir säi Rapport, deen en de Mëtteg hei gemaach huet. Och mir kënnen am Prinzip eis averstanen erkläre mat deene Projeten, déi haut de Mëtteg an deem Rapport presentéiert gi sinn. Ech wäert herno nach méi am Detail op ee Punkt agoen.

Ech mengen, déi Rapporten, déi mer hei all Joers virgeluecht kréien an déi mer a Form vun enger Motioun dann hei stëmmen, déi si jo a priori geduecht, fir datt d'Regierung ka mat der Planung ufänken, fir an déi éischt konkret Phas eranzegoen. Wéini datt déi Projeten allerdéngs realiséiert ginn, dat steet op engem anere Blat.

Wa mer am Rapport kucken, dee mer zu dëser Debat verdeelt kritt hu vun der Kommissioun, do ass jo och eng Oplëschtung gemaach vun 2005 u vun all deene Rapporten, vun deene Projeten, déi all Joers hei an der Chamber gestëmmt ginn, da kann een esou feststellen, datt et an der Regel tëschent véier a sechs Joer dauert, bis déi gréisser Projeten ulafen. Verschiddener lafe kuerzfristeg och emol un, an anerer lafen och méi laangfristeg un, mä an der Regel kann een tëschent véier a sechs Joer schwätzen, wou et dauert, fir datt déi Projeten, déi mer hei an der Diskussioun hunn, wäerten ulafen.

Ech mengen, wa mer kucken, wat mer haut erëm alles hei iwwer eng Motioun herno wäerte stëmmen, da stelle mer fest, datt mer haut och erëm Projekte fir e Käschtepunkt tëschent véier a fënnf Milliounen decidéieren, déi mer dann an deenen nächste Joren iergendwann eng Kéier an d'Phas vun der Realisatioun kréien.

#### (M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Mir wëssen alleguer, wéi d'Finanzsituatioun vum Lëtzeburger Stat ass, a mir wëssen och, datt am Kader vum Budget fir d'Joer 2013 d'Investitiounen beim Stat vis-à-vis vun deem Joer zrëckginn ëm 180 Milliounen, wat nach ëmmer en héijen Niveau ass, an da leie mer um Niveau vun den Investitiounen vun dem Joer 2011.

Deemools war e relativ héijen Investitiounsprogramm virgesinn, fir als Stat antizyklesch ze wierke vis-à-vis vun der Wirtschaftskris, déi mer deen Abléck och schonn haten. Mä mir wëssen alleguer, mengen ech, wa mer éierlech sinn, datt mer deen Niveau an deenen nächste Joren net méi wäerten halen an datt d'Investitiounen, och beim Stat, wat d'Zomm ubelaangt, an deenen nächste Jore beschtefalls stagnéieren. Mä ech ginn dovunner aus, datt se souguer wäerten an deenen nächste Jore weider zrëckgoen, well de Stat einfach net méi déi finanziell Capacitéiten huet, fir d'Investitiounspolitik op deem Niveau kënnen ze behalen.

Och wa mer an eise Fongen am Fong nach eng Reserv stoen hu vun 1,8 Milliarden Euro, déi mer fir Investitiounen hunn, déi mer aus de Joren, wéi mer d'Plus-valuë gemaach hunn, op déi verschidde Fongen transferéiert hunn, an iwwert de Wee vun enger Rei vun Emprunten, déi mer gemaach hunn, déi och op d'Fongen, virun allem op de Fonds des routes an de Fonds du rail, transferéiert si ginn, do kéint een dovunner ausgoen, datt am Fong 1,8 Milliarden Euro do wieren. Mä d'Realitéit ass déi - mir hunn dat och déi leschte Kéier an der Finanzkommissioun duerkündegt, an d'Cour des Comptes huet et och dës Kéier an hirem Rapport zum Budget vun 2013 geschriwwen -: Et si keng Reserve méi do.

Et ass also eng Écriture administrative, déi do-steet. Déi Sue sinn eng Kéier dorobber gebucht ginn, mä déi Sue sinn an der Tëschenzäit fir aner Saache geholl ginn, soudatt also och déi Reserven net méi do sinn. Wa mer elo am Fong an Zukunft Investitiounen maachen, maache mer se net méi aus Reserven, mä mer mussen se iwwert de lafende Budget an nei Emprunte finanzéieren.

Alles dat wäert weisen, datt mer net méi esou wäerten a mëme sinn, hei am Land kënnen ze investéieren, wéi mer dat am Fong misste maachen, wéi den Nohuelbedarf un den Infrastrukturen hei am Land besteet.

Sécherlech wäerten doduerch d'Investitiounen gestreckt ginn, wat jo schonn am Abléck de Fall ass, well eng Rei vun Décisiounen si jo scho geholl ginn am Kader vun de Spuerprogrammer, fir Projeten ze strécken. An duerfir wier et och flott, wann ee vun der Regierung emol eng Kéier eng Tabell krit, net nëmme wat mir hei gestëmmt hunn, mä genau wéini datt si seet, datt déi Aarbechte géifen ulafen, a wéini datt se seet, datt déi eenzel Projete géifen ofhalen. An da krit een och de Gesamtkäschtepunkt, wat an deenen nächste Jore gebraucht gëtt, fir déi Investitiounen ze finanzéieren.

Well et ass am Fong e flotte Geste, dee mer hei maachen, datt mer all Joers eng ganz Rei vu Projekte stëmmen, an d'Leit am Land dobaussen, déi mengen dann, da géif de Bagger an deenen nächste sechs Méint lafen. Mä et ass

am Fong nëmme just eng Absichtserklärung, géif ech soen, oder eng Méiglechkeet, fir der Regierung kënnen d'Méiglechkeet ze ginn, fir datt se d'Etüd vun de Projete kann ulafe loosse, mä wéini dat se konkret an Ëmsetzung kommen, wéi gesot, dat steet op engem anere Blat.

Mir mengen och - an dat hu mir jo och schonn, mengen ech, parteiwwergräifend diskutéiert -, datt déi Zäiten eriwwe sinn, wou mer nach konnten eis déi Luxusprojete leeschten. A mir hunn eis där an deene leschte Jore jo nach vill doruechter gelescht. Ech wëll elo net op déi Projeten zrëckkommen, déi um Kierchbiereg stinn, mä mir hunn eis och erlaabt, Garen ze bauen doruechter, déi e Käschtepunkt hunn, dee mer haut sécherlech net méi emol am Dram wëllte realiséieren, deen onwahrscheinlech héich war an deen och herno am Entretien wäert esou vill sinn. Mir mussen also wierklech definitiv zrëckkommen.

An et gesäit een heiansdo nach Projekte lafen... Ech sinn déi lescht Kéier nach vu Mamer eriwwekomm. Et ass formidabel, de Kolleeg Buergermeeschter vu Mamer, dee war bestëmmt frou, wéi mer all déi Stroossen do gebaut hunn. Mä wann ee kuckt, mat wat fir engem Luxus datt mer déi Ënnerféierungen an alles do, an Iwwerféierungen gebaut hunn do, ënne bei deem Rond-point, dann ass sécherlech och do mat der grousser Schëpp investéiert ginn. Dat hätt sécherlech och kënne méi rentabel a fir vill manner Geld investéiert (veuillez lire: gebaut) ginn.

Mä dat sinn nach Projeten, déi aus Zäiten hierstamen - well mir soe jo ëmmer, wa mer e Projet realiséieren, dann dauert dat véier, fënnf Joer -, dat do ass e Projet, deen also nach aus där Zäit wahrscheinlech staamt, wou mer gesot hunn: Wat kascht de Rescht vun der Welt? Mir bezuelen dat aus der Portokeess, wat Der gären hätt!

Haut gesi mer awer, datt mer iwwer Joren d'Geld zur Fëenster erausgehait hunn, datt mer gemengt hunn, dat Bescht wier grad gutt genuch an et misst nach e bëssen dropgetässelt ginn. An haut si mer nun emol an där Situatioun, datt kee Geld méi do ass, datt keng Reserven do sinn, an datt op där anerer Säit awer nach e ganz groussen Nohuelbedarf bei den Infrastrukturen ass. An dat, dee Luxus, dee mer eis virun enger Rei vu Jore gelescht hunn, d'Konsequenz dovun ass elo, datt aner Projeten, déi eist Land wierklech brauch an den Infrastrukturen, datt mer déi net kënne realiséieren.

Och mussen mer d'Normen iwwerkucken, well, och an deene gudden Joren, mer bei den Normen ëmmer erëm e Krack no uewe gaange sinn an Normen hunn, déi vill méi héich sinn, wéi se deelweis am Ausland praktizéiert ginn. An och do muss een erëm versichen, d'Normen unzepassen un de Besoin, de reelle Besoin, an och do kann ee sécherlech Geld spueren.

Här President, ech mengen, ech verroden näischt Neies, datt mir ëmmer frou sinn, wa mer net iwwert den Tram brauchen ze schwätzen, datt deen net gebaut soll ginn, an awer verstitt Der, datt ech no den Diskussiounen vun de Mëtteg e puer Wuert heibanne wëll schwätzen.

Ech sinn ëmmer erëm erstaunt feststellen, wat fir eng Wellen déi Diskussioun am Tram do schléit. Eng Kéier, et ass nach net esou laang hier, hate mir eng Motioun hei an der Chamber eraginn, wou mer gesot hunn, den Tram sollt einfach net gebaut ginn, mir sollten dat Kapitel zouschloen. Ech mengen, eis Partei war déi eenzeg, déi fir déi Motioun gestëmmt huet, an op där anerer Säit war eng praktesch Eestëmmegkeet heibannen, datt deen Tram misst gebaut ginn.

Och d'Finanzéierung war dra virgesinn, datt dat tëschent dem Stat an der Gemeng Lëtzebuerg sollt gedeelt ginn. De Fraktiounspresident vun där gréisster Regierungspartei huet elo kierzlech - an dat war sécherlech keen Zoufall, dat war keen Ausrutscher -, huet deen dann du lancéiert, wann d'Stad Lëtzebuerg gären en Tram hätt, da soll se e selwer bezuelen.

Ech muss éierlech soen, Här President...

► **M. Xavier Bettel** (*DP*). - Skandal!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Dat ass kee Skandal, well en huet dat am Fong vu mir iwwerholl, Här Bettel, well ech hunn d'lescht Joer bei de Budgetsdebatten heibanne gesot: Wann déi Häre Bausch a Bettel gären eng Spillsaach vum Kleeschen hätten, gären eng Spillsaach hätten, déi se Tram nennen, da solle se sech déi beim Kleesche bestellen, awer se sollen net d'ganz Land bludde loosse, fir dat ze bezuelen.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*). - Zu Fréiseng hu se och laang un de Kleesche gegleeft. Kuckt emol lech un! Den Housécker ass du komm...





► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Heiansdo ass et gutt, wann een un de Kleesche gleeft fir d'Kanner. Dat Gleewe bréngt de Kanner och eppes.

Här President, ech mengen, wann haut hei eng Rei vu Projete gebaut ginn, wou da gesot gëtt, déi mussen och gebaut gi weinst dem Tram - a mir wäerten eis dofir bei der Motioun enthalen -, déi Projete géifen awer gebaut ginn. Elo gëtt ëmmer gesot, se gi weinst dem Tram gebaut; genausou gutt wéi d'Nei Bréck muss nei gemaach ginn, och wa keen Tram eng Kéier wäert driwwerfuere. Duerfir, wéi gesot, mir wäerten eis awer trotzdem enthalen bei der Motioun, well verschidde Leit eng Interpretatioun do draleeën, déi mir mengen net géif dragehéieren.

Awer zréck op den Här Spautz a seng Ausso, d'Stad Lëtzebuerg soll hiren Tram da selwer bezuelen. Här President, wann een esou hei an de Sall erakuckt, an ech wëll awer elo keng Nimm nennen, aus purer Fairness vis-à-vis vun de Kolleginnen a Kollegen, weess ech wierklech net méi, wéi vill datt der heibannen nach fir den Tram sinn.

Wann ech bei eis Kollegee vun der CSV esou erakucken, also ech muss lech soen, ech gesinn ënnert deenen, déi dosëtzen, kee méi! Ech gesi kee méi, kee méi vun deenen, wann ee mat deenen ënner véier Ae schwätzt, gesinn ech kee méi, dee fir den Tram ass.

**(Interruptions diverses)**

Ech hu jo gesot, net an der öffentlecher Sitzung. Wann ee mat deenen ënner véier Ae schwätzt, hunn ech jo gesot.

**(Interruptions diverses)**

Här President, wann ech elo an de Sall do erakucken, dann ass vun der CSV kee méi fir den Tram.

Bei de Sozialisten, Här President...

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Mir soen eis ënner véier Aen ëmmer de Géigendeel!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Bei de Sozialiste kommen ech esou op 50%. Do ass et fifty-fifty...

**(Hilarité)**

...vun deenen, déi derfir sinn.

A bei der DP, do weess een et net esou richtig, well do war eng ganz Partie, déi haut derfir ass, déi war soss carrément dergéint. Ech mengen, d'Madame Polfer...

**(Interruptions diverses)**

...d'Madame Polfer, wëll ech fairerweis, mengen ech, dann awer hei ernimmen, déi jo och eng Kéier demonstrativ virun dem ARBEDs-Gebai doënnen demonstréiert huet, wéi schrecklech esou een Tram hei an der Stad wier.

► **Une voix**.- ...huet fir d'Motioun gestëmmt...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- An den Här Bettel...

**(Interruption)**

An den Här Bettel, deen am Fong och nach géint den Tram war a sech elo neierdénge iwwerzeege gelooss huet fir den Tram. Aner Kollegee wëll ech elo net hei nennen...

**(Interruption)**

Ech wollt just déi zwee ervirhiewen. Soudatt am Fong, wann ee fair ass, muss ech soen, et sinn am Fong just eis gréng Kollegen, wou ech géif soen, souwäit wéi ech se aschätzen, déi nach geschlossen...

**(Interruptions diverses)**

...déi nach geschlossen hannert dem Tram hei stinn.

Mir sollten dach emol éierlech sinn, deen Theater, deen hei periodesch opgefouert gëtt, an dat, wat den Här Spautz...

**(Interruption)**

...dat, wat den Här Spautz elo gemaach huet, wéi...

► **Une voix**.- Wou ass en, wou ass den Här Spautz?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...wéi e gesot huet, den Tram, da soll d'Stad Lëtzebuerg dee selwer bezuelen, dat war - dat wëll ech just hei ofschléissend soen -, dat war keen Zoufall, dat war keen Ausrutscher, dat war eng Strategie, déi duerchducht war, fir déi Saach nach eng Kéier nei ze lancéieren. An dat ass och dee beschte Bewäis, datt deen Tram do ni wäert gebaut ginn, an dat ass och gutt esou.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här Gibéryen, bei allem ginn ech lech net recht, mä Äre leschte Saz, do hutt Der recht.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gibéryen. Da kritt d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt emol ufänken, andeems ech dem Fernand Boden als Rapporteur Merci soe fir déi Aarbecht, déi mer hei an der Kommissioun gemaach hunn, fir déi Motioun respektiv déi Projeten. An dee Rapport esou duerchzekréien, dat ass ëmmer fir mech eng ganz flott Diskussioun, well se och erlaabt, eng Aarbecht mat der Chamber ze maachen, déi sënnvoll ass, a well mer och gemeinsam eng Aart a Weis fonnt hunn, fir ze schaffen.

An ech muss da soen, mech stéiert awer eppes, Här Gibéryen, mech stéiert awer eppes...

**(Interruptions et hilarité)**

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hoffen, datt den Här Henckes mech elo net ënnerbrécht.

**(Hilarité)**

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Mir hu virun enger Rei Joren eng Method ausgemaach, fir mateneen ze schaffen. Firwat? Mä well eng ganz Rei Dépassementer do waren, a well mer du gesot hunn, mir musse méi laang plangen, vill méi laang. A wa mer dat awer maachen, kascht dat Plange vill Suen, an duerfir musse mer virdrun an d'Chamber kommen a soen: Si mer eis grosso modo eens?

An da gesinn ech elo, wou mer dat awer gutt agespillt hunn, elo kënnt dann d'Ironie, fir ze soen, dat ass eng Ukënnungsdebat, et ass eng Absichtserklärung, déi do gemaach gëtt. Jo, lauschtert, ech hu se net gefrot! Ech hunn déi Method mat lech ofgemaach, fir korrekt déi Dossiere kënnen ze maachen. Elo kënnt Dir driwwer ironiséieren esou vill wéi Der wëllt, a wann Der se net wëllt, da maache mer se net. Mä et war awer einfach eng Aart a Weis, fir mat der Chamber uerdentlech a korrekt ze schaffen. An ech fannen déi Aart a Weis gutt.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hunn d'Prozedur jo och net a Fro gestallt.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Mä Dir hutt gesot, eng Absichtserklärung ass elo just hei gemaach ginn.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass eng Absichtserklärung, well mer elo net méi wëssen, wéini d'Projeten da realiséiert ginn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Richtig ass et, datt et eng Absichtserklärung ass, esou war et jo en fin de compte och geduecht.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ma da sot eis, wéini...

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et war an der Realitéit esou geduecht, an ech kommen duerno nach eng Kéier zréck op d'Ëmsetzung vun de Projeten. Well richtig ass, datt während dem Plangen, wann ee vun null ufänkt a wann een dat fréi an d'Chamber gëtt, jo eng Rei Saachen au fur et à mesure changéieren. Eng Rei Projete ginn anescht, well mer gesinn, datt déi Planifikatioun muss anescht gemaach ginn. D'Zäite ginn anescht. Et muss een och kucken, datt een de finanzielle Volet dann, wann et un d'Bauphas kënn, och ofgedeckt kritt. Duerfir changéiert ganz vill.

Also ech fannen, malgré der Ironie a malgré der Ausdrucksart a -weis, déi Aart a Weis, wéi mer hei als Regierung/Chamber matenee schaffen, eng gutt Aart a Weis. Et gëtt eng Preparatioun gemaach vun de Projeten an der Kommissioun vum Développement durable, wou se einfach ugekënnegt ginn, wou d'Planifikatioun gemaach gëtt, wou mer se och virbereeden, bis dann dee Moment, wou se gestëmmt ginn, an da gi se vun der Commission de l'Exécution budgétaire iwwerholl, wou dann de Suivi gemaach gëtt, wou se gebaut ginn.

Dat heescht, d'Chamber huet an där doter Aart a Weis d'Méiglechkeet, vum Ufank bis zum Schluss e Suivi op déi richtig Aart a Weis ze suivéieren. An ech hunn d'Méiglechkeet, och a regelméisseg Ofstänn mat der Chamber driwwer ze schwätzen. Ech fannen et nach ëmmer gutt. Ech soen also deenen zwou Kommissiounen Merci fir déi Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Wat elo d'Projeten ugeet, sinn eng ganz Rei Froen, déi gestallt gi sinn. Ech hoffen, datt ech se elo net vergiessen. Ech wëll zwar virdrun nach e puer generell, eng, e puer generell Remarque maachen.

Déi éischt Remarque, dat ass déi, datt mer gekuckt hunn, fir och an deene Projeten, déi mer elo hei an d'Chamber eraginn, deene Prioritéiten ze entsprechen, déi mer a sech initialement geduecht hunn, fir ze maachen. Éischten maache mer hei elo haaptsächlech am Héichbau en europäesche Projet, well et wichtig ass, datt mer och Lëtzebuerg zousätz-

lech als europäesch Hauptstadt nach positionéieren.

Wann Der kuckt, wat mer als aner Gebaier hunn, da gesitt Der, datt mer déi Prioritéit vun de Lycéeën, Mondorf op där enger Säit an op där anerer Säit déi Infrastrukturen, déi mer als Ateliere fir handicapéiert Leit dohinnerstellen, wat och Schoulinfrastrukturen am grouse Sënn vum Wuert sinn, datt mer deenen d'Prioritéit ginn.

Wann een elo d'Ponts & Chaussées kuckt, wat do an de Bau geet, dann ass haaptsächlech dee grouse Projet iwwer eng nei N3 mat der Entrée vun der Gare an och mam neien Tracé vun dem Tram, esou wéi dat effektiv geduecht ass, ee wesentleche Projet, dee ganz einfach deem entsprécht vun dem Mobilitéitskonzept, wat mer an där leschter Zäit, an deene leschte Méint presentéiert hunn a wat och hei vun enger ganz grousser Majoritéit an der Chamber gestëmmt ginn ass, mat deene Prioritéiten, déi drastinn.

An um Rail ass et genau d'selwecht. Wat d'Schinnen ugeet, ass et d'Klengbettener Streck, déi zweet Phas, déi hei um Ordre du jour steet, déi och soll hei en Accord fir d'Planifikatioun kréien, an d'Gare Esch, well mer och wëllen déi Émschaltstelle vun deem engen Transportmëttel op dat anert moderniséieren.

Et sinn also genau déi Prioritéiten, déi mer och haut presentéieren, déi an deene Konzepter, déi mer an deene leschte Jore presentéiert hunn, hei ëmgosat ginn. Och wann een dat net ëmmer an deenen eenzelne Projeten, wann ee se esou vereenzelt gesäit, erëmerkennt, ass d'Logik awer ganz kloer.

Da wëll ech op e puer Punkten agoen, déi elo an der Debat hei komm sinn. Dat Éischt, dat ass, wat den Här Etgen gesot huet. En huet u sech gesot, mir géifen effektiv eng ganz Rei Milliounen, 280 par rapport zu deem Spuerpak, am Allgemenge spueren.

Mä ech wëll awer trotzdem präziséieren, datt - wat och ëmmer gesot ginn ass - dat, wat hei, déi Vergläicher, déi gemaach gi si vun den Zommen, dat sinn haaptsächlech Vergläicher, déi gemaach gi si vun deem, wat initialement prévu war fir d'Joer 2013, par rapport zu deem, wat elo fir 2013 prévu ass. Et ass also net, wéi et duerchgeklongen ass an Äre Wieder, eng Aspuerung par rapport zu dem Budget respektiv zu dem Dépense 2012 par rapport zu 2013, mä par rapport zum Prévu 2013 par rapport zu deem, wat elo am Budget richtig steet.

Wann ee kuckt, effektiv dat, wat richtig am Joer 2012 wäerten als Dépenses effectives ausgi ginn, op där enger Säit, a wat elo am Budget prévu ass, da stellt ee fest, datt mer do ongeféier op enger ähnlecher Zomm bleiwen. Mir hunn also par rapport zum Prévu 2013 gespuert, mir bleiwen awer an eisen Dépenses d'investissement, zumindest dat, wat dat Haus, wat mech elo ugeet, concernéiert, bleiwe mer op deeneselwechten Zommen, hu mer also eng Dépense d'investissement constante, wat och wichtig ass fir déi Lëtzebuerger Entreprises, déi am Secteur vum Bau, ob dat am Héichbau oder am Déifbau ass, wat wichtig ass, datt se dat wëssen an datt se déi Konstanz och kënnen hunn.

Dir hutt gesot, d'Prioritéit, dat sinn d'Schoulen. Dat ass richtig! An dem Mobilitéitskonzept gëtt alles gemaach, wat am Mobilitéitskonzept als Prioritéit considéiert ginn ass. Mä wéi hu mer dat, wéi hu mer déi Prioritéite gesot? A wat hu mer als Prioritéiten an dem Mobilitéitskonzept elo erausgeschielt? Dir hutt gesot, d'Regierung huet keng Prioritéit. Ma ech verstinn, datt d'Oppositioun dat seet. Ech wëll se awer trotzdem soen, well ech gesi se do hannendrun.

Wat sinn déi Prioritéiten? Et muss een haaptsächlech dat kucken, wat mer elo nach am Budget stoen hunn, fir ze kucken: Firwat hu mir dat am Budget stoe gelooss an dann déi aner Saache vläicht no hanne geschoben? Dat, wat elo am Budget steet, am Kader vum Mobilitéitskonzept, dat sinn haaptsächlech all déi Projeten, déi ekonomesch relevant sinn. Ech wëll wierklech d'Investissementer, déi haut de Stat mécht, esou maachen, datt déi Investissementer, déi mer maachen, och kënnen duerno, duerch hir ekonomesch Relevanz op eis Économie, Aarbechtsplaze schafen a weiderhëlfen.

Wann zum Beispill esou e Projet wéi de Ban de Gasperich, wa mer deen erfogeholl hätten, hätten en eis natierlech vill Suen am Budget 2013 a 2014 net kascht, hätte mer gespuert. Mä hätte mer et net gemaach, dann hätte mer eng ganz Rei Entreprises, déi sech net kéinten do etabléieren, hätte mer also der Économie geschuet a wäre mer net weiderkomm. Also war dat fir mech den Haaptkritär, wann ech gekuckt hunn, wat fir eng Projeten: jo; a wat fir eng Projete vläicht méi spéit.

Den zweete Kritär, dat war e sécherheetsrelevante Kritär. Et ass evident, wann een op

Stroosseprojete massiv Sécherheetsproblemer huet, datt ee muss intervenéieren, an dat war do deen zweete Kritär.

Deen drëtte Kritär, dat waren dann déi Haaptstrecken, déi mer hunn, fir d'Mobilitéitskonzept dann och ëmzesetzen. Woubäi deen éischten - ekonomesch Relevanz - an dee leschte Kritär ganz oft deeselwechte sinn, well mer schonn am Erausstelle (veuillez lire: Opstelle) vum Mobilitéitskonzept och dorobber opgepasst hunn.

Da muss ech lech awer soen, Här Etgen, déi Projete fir den Norden, déi Der - an ech weess, dat muss jo nécessairement, esou wéi bei ville Leit, Ären Dada sinn -, mä ech wëll lech just soen...

► **Une voix**.- Den Här Kaes awer och.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des infrastructures*.- Den Här Kaes selbstverständlech och. Also, ech wëll elo net all déi Leit aus dem Norden hei opzielen, déi sech d'selwecht derfir asetzen an interesséieren. Just nach eng Kéier, an ech soen dat ëmmer an ëmmer erëm: All déi Dépenses, déi mer maachen, an ech hat elo gëschter oder virgëschter all déi Buergermeeschtere vun der Nordstad - den Här Schaaf ka sech dorunner erënnere, den Här Haagen war och derbäi - hei, fir ze kucken, wat fir eng Investissementer an deenen nächste Joren an där Nordstad geplangt sinn, getätet ginn.

Ech hunn d'Zuel net méi genau am Kapp, mä et si wäit iwwer 400 Milliounen Euro - wäit iwwer 400 Milliounen Euro! -, déi an deenen nächste Joren do geplangt ginn, well mer mengen, datt d'Nordstad eng Zukunft huet, well mer wëllen an déi Gemengen do investéieren, well do och an deenen nächste Joren Économie ka geschéien.

Also, all Kéiers déi Diskussiounen, fir ze soen: Dir macht net genuch fir den Norden! - Mir maachen enorm vill fir den Norden, méi wéi an deene leschte Jorzéngte fir den Norde gemaach ginn ass!

A wann dann - an ech weess, datt dat lech nach méi um Häerz läit - dee Contournement Feelen elo net e Contournement ass, deen dann do an der éischer Prioritéit ass, ech mengen, dann deet dat mer leed. Ech géif jo och gär alles zesummen d'nächst Joer ufänken, mä mir packen awer net alles zesummen d'nächst Joer.

A wann et fir mech evident ass, datt mer, wa mer dee Contournement, fir d'Éischt de Süd-Contournement vun Ettelbréck bauen, éier mer un déi nächst Phas, de Contournement vu Feelen kommen, dann ass dat awer just eng pur an eng reng Logik vun deem, wat een am Stroossebau muss maachen. Du muss mat deem éischte Stéck ufänken, éier s de bei dat zweet kënns, soss geet et net! An et ass genau dat, wat mer hei amgang sinn ze maachen.

Duerfir deet et mer leed, mä ech bréngen net alles, mir bréngen net alles zesumme fäerdeg aus technesch, ekonomesch, finanzielle Grënn. Eent nom aneren, soss packe mer et net!

Richtig ass, wat Dir gesot hutt, d'Akzeptatioun vun de Projeten, déi am Land musse sinn, déi grouss Projeten, stellen ech just fest, egal wéi vill ech diskutéieren, egal wéi vill mer bei d'Leit dobause ginn an egal wéi vill mer explizéieren, ech muss lech soen, ech si vill Owender amgang a vill Owender ënnerwee - an ech kréien dat och heiansdo doheim ze héieren, datt ech der vill ënnerwee sinn -, mä ech spieren awer bei all Projeten, déi Leit, déi direkt concernéiert sinn, do si Blocagen, dauernd Blocagen.

An och wa mer explizéieren, wann d'Leit direkt concernéiert sinn, si se awer net ëmmer bereet, mat op dee Wee ze goen. Dat ass esou hei am Land. Dat ass esou hei am Land! Dat empëchéiert eis net, esou vill wéi méiglech ze explizéieren, mä déi Blocagen, déi dann awer do sinn, dären eis awer och net empëchéieren, an de Projete weiderzekommen. Dat eent an dat anert, soss geet et net!

Dann den Här Negri, deen och eng Rei Froen gestallt huet. Déi éischt, dat ass iwwer Dikrech: Geet dat duer an deem Projet, esou wéi en elo ass? D'Äntwert ass: Jo, et geet duer. Mir hu par ailleurs nach a Proximitéit vun deem Gebai, wat elo transforméiert ass, d'Méiglechkeet, déi al PTT ze benotzen, wou och en Accord vun de Justizbehörden do ass, fir dee Komplex esou fonctionnéieren ze loossen.

Dann dat Gesamtkonzept, huet den Här Negri gefrot, fir d'Streckefeierung bei der N3 elo ze erklären. Also, ech maachen dat jo schrecklech gär, well ech jo all Bierger, inklusiv den Depu-





tierten, dat gären explizéiere ginn. Mä dat ass awer elo komplex, ech hunn de Plang net hei, soss géif ech lech dat alles gär um Plang weisen. Ech maachen dat och gär an der Chamber, mä ech mengen, et wier awer elo net de Moment, fir dat ze maachen.

Da soen ech awer ganz kloer, déi do Streckeféierung huet sécherlech eppes mam Tram ze dinn. An deem ganze Mobilitéitskonzept, wat mer entwéckelt hunn, ass den Tram en zentrale Punkt dovunner. An ech soen dann och nach eng Kéier ganz kloer, datt ouni den Tram dat Mobilitéitskonzept, esou wéi et elo entwéckelt ginn ass, net an d'Realitéit kann ëmgəsət ginn. Mir brauchen deen Tram an deenen nächste Joren, fir déi Mobilitéitssuerger, déi mer hunn, hei och an de Grëff ze kréien.

Ech weess net, wéi ech 30.000, 40.000, 50.000 Leit um Kierchbiërg soll kënnen eng Mobilitéit garantéieren, assuréieren, wéi ech déi ekonomesch Surfacen do soll kënnen maachen, ouni datt ech esou ee Mobilitéitsmëttel mat héijer Capacitéit hunn. Do gi mer mateneen eens, net eens, oder eens - wéi och ëmmer - mateneen, mä dat ass meng profund Iwwerzeegung. Dat ass och dat, wat d'Regierung decidéiert huet, inklusiv déi Finanzdiskussionen, déi mer haten. An dat steet fir d'Regierung an domat fuere mer och weider, fir d'Saachen och nach eng Kéier kloer hei ze soen.

Datt ee sech da ka Froe stellen iwwer all Projet an iwwert d'Finanzéierung, fannen ech eng Normalitéit. Ech wëll just d'Wichtigkeet an déi Ausso do nach eng Kéier répétéieren.

Den Interface vun dem Zuch an de Bussen, mam TICE, wéi et den Här Negri gefrot huet, donidden. Dir wësst, datt mer amgaang sinn, e ganzt Konzept ze entwéckelen, fir u sech déi modern Elektronik an d'Zich an an d'Bussen eranzekréien. Dat soll och zesumme kënnen organiséiert ginn. Mir wäerten ufanks 2013 bei der Eisebunn schonn esou ee GPS-System an den Zich hunn, deen eis erlaabt, e ganze Repérage ze maachen, wou jiddwer eenzelnen Zuch drun ass, dat och op de Quai kloer an daitlech ze weisen.

Mir hunn ausgeschriwwen, an d'Soumission ass elo adjudéiert, fir eppes Ähnlech bei sämtleche Bussen ze maachen. Wann dat bis fäerdeg ass, mussen déi zwee Systemer zesummeschaffen. Dat hëlleft eis ganz vill an et ass a mengen Aen och enorm wichtig.

Wat elo déi Voyageursmaschinen ugeet, hutt Der mech gefrot, déi elo do fueren tèschent der Belsch a Lëtzebuërg... Also, Dir musst mer erlaben, datt ass elo net eng Matière, iwwert déi ech mam belsche Minister schwätzen, ob déi elo 13.000, 15.000 Volt hunn. Ech mengen, hie kennt nach manner (veuillez lire: nach méi) dovunner wéi ech, awer nëmmen, well e méi jonk derbäi ass. Mä mir sinn net Spezialisten op dem Voltage vun de Schinnen.

Par contre weess ech awer - well dat ass déi Fro, déi Der gestallt hutt: „Wat fir eng Maschinne loosst Der dann elo circuléieren?“ -, datt dat fir d'CFL d'Lok 3000er sinn an dat fir d'SNCB d'Loc-bicouranté sinn. Dat seet lech elo méi wéi mir, mä ech wollt lech awer d'Äntwert ginn; och wann ech se net ganz verstinn. Mä Dir verstitt se jo dann awer. Okay, da si mer eis do eens.

Dann ass et, wat déi Gleisen, déi Passage-à-niveau sinn, déi mer mussen iwwerqueren do, fir ze soen. Dir hutt no dräi Steng, dem 77 zu Märel, dem 80 zu Bartreng an dem 81b op der Kap gefrot. Déi mussen net onbedéngt e Projet sinn, deen zesumme mat der Elektrifikatioun gemaach gëtt. Dat kënnen À-part-Projete sinn. D'Elektrifikatioun muss elo vir gemaach ginn, déi ass eis wichtig.

Eurocap-Rail. Et sinn e puer Leit, déi dorobber agaange sinn. Dir hutt, Här Negri, gesot, déi Fro iwwert déi belsch Ardennen, ob do d'Kéierféierung mussen riicht gemaach sinn. Dat ass elo nu wierklech net mäin Dossier, wat an de belschen Ardenne muss gemaach ginn. Ech weess awer, datt Infrabel eng ganz Rei Millioune prettgestallt huet, fir och d'Kéiere méi riicht ze maachen, datt méi schnell kann driwwergefuer ginn, mä ech kann lech awer net prezis soen, wat fir eng Kéier an den Ardennen elo drënnerfält oder net drënnerfält. Dat musst Der verstoen.

Da wëll ech soen, d'Madame Lorsché, déi mer seet: „Et si just nach 20 Millioune virgesi fir de Projet Eurocap-Rail.“ Also, datt ass awer eng Expressioun, fir „just“ nach 20 Millioune. Dat sinn enorm vill Suen, déi mer wäerten d'nächst Joer...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Et waren der 33.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et waren der 33 virgesinn, et sinn der elo just nach 20. An déi just nach 20 sinn der immens vill. Et ass eng héich Zomm. Déi mussen mer d'nächst Joer och nach ausginn. An dat ass dat, wat mer wëlle maachen.

An dee Projet, deen an der Chamber gestëmmt ginn ass, déi Poste-directeurs an déi Mise en service, soll fir 2014 mat deenen dote Repartitiounen nach ëmmer geplangt sinn, soudatt mer och op deem Projet, dee fir eis wichtig ass, virukommen.

Ech regrettéieren, datt Dir déi Motioun do net kënnt matstëmmen. Ech soen lech just: Wann Dir sot, firwat muss de Logistik...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass dem Här Spautz seng Schold.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, jo. Also, ech mengen, et kann een ëmmer alles sichen, firwat ee Saache wëllt oder net wëllt.

(*Interruption*)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här Minister, Dir musst awer verstoen, wann Ären eegene Fraktiounschef, dee jo am Fong am Numm vu 26 Deputéierten hei schwätzt, datt mer natierlech do Problemer hunn, wann dee Saache seet an eis Froe stellt, ob verschidde Saachen nach ofgeseent ginn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir musst awer verstoen, datt dat strictement näischt mat där Motioun hei ze dinn huet an datt dat strictement...

► **Plusieurs voix**.- Dach! Dach!

► **Une voix**.- Den Här Spautz ass keen Hinterwäldler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech muss just soen, datt strictement näischt dovunner an där Motioun steet...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Wou ass en iwwerhaapt?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...weder vu bannen nach iergendeppes anescht.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Nach ëmmer net do!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir kënnt also hei déi Argumenter huelen, déi Der wëllt, mä dat do ass en... Ech verstinn all Argument, mä dat do ass a mengen Aen net logesch.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Mir wënschen ons, Dir hutt recht.

(*Interruptions diverses*)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Sou! Elo...

► **M. le Président**.- Här Minister, fuert virun!

► **Une voix**.- Jo, wou ass den Här Spautz?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech fueren elo einfach virun, andeem ech awer och nach eppes soen. An der grénger...

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président**.- Ech bieten lech, dem Här Minister nozelauschten!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Ech hat nach geduecht, den Här Spautz, dee kéim de Mëtteg eng Brandried halen heihinner, no deem Élan, deen en hat...

► **Une voix**.- Wou ass en?

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- En ass fortgelaf.

(*Hilarité*)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Sou! Ech wollt deen nächste Sujet uschwätzen, dee fir mech extrem wichtig ass. Ech hu vun deene Gréngen och eppes héieren, wat mech awer liicht erschreckt - oder net erschreckt huet; et erschreckt mech net méi ganz vill -, mä wat mech gestéiert huet. Dat ass drëm, fir ze soen: „Firwat muss dee Logistikcenter, dee mer hunn, do op Beetebuërg tèschent zwou Gemenge kommen?“ Dat ass eng Fro. Mä d'Äntwert ass fir mech...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Et war eng Fro.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech sinn nach net erschreckt. Ech probéieren, op d'Fro calme ze äntwerten.

► **Une voix**.- Voilà!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat, wat wichtig ass, dat ass ganz einfach, datt mer, wa mer op d'Logistik setzen, probéieren, och op eng Logistik ze setzen, déi ekologesch ass. An dat ass am Fong d'Äntwert. Firwat maache mer dat zu Beetebuërg? Mä mir maachen dat zu Beetebuërg, well d'Schinnen do sinn a well mer déi Émschlaggare do hunn zu Beetebuërg. Mir hunn déi néierens anescht.

A wann ech e Logistikcenter maachen, da maachen ech der am Fong zwee: Ech maachen ee ronderëm de Flughafen. Dat hutt Der net esou gär, mä dat ass awer d'Realitéit, well do kënnt...

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Mä Dir schwätzt awer elo net vum...

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...dee ganze Fret eran. An ech maachen dat natierlech zu Beetebuërg, well ech do d'Méiglechkeet hunn, vun de Camionen d'Fracht erofzehuelen an op den Zuch ze setzen an ëmgedréit. Dat ass logesch, dat ass sënnvoll. An ech gesinn net, wa mer wëllen e Logistikcenter maachen, wéi mer dat sollen anescht maachen. Ech gesinn et wierklech net. Duerfir wollt ech lech, wann et eng Fro war, déi Äntwert ginn.

Déi Diskussioun iwwert de Südtram, déi den Diddelenger Buergermeeschter wëllt mat mer féieren, an Dir hutt gefrot: „Wat ass aus deenen Diskussiounen mam Diddelenger Buergermeeschter erauskomm?“ Do ass nach guer näischt erauskomm, well déi Réunioun nach net war. Mir hunn déi misse verleeën.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Déi war virgëschter ugekënnegt.

(*Interruptions*)

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dann zielen ech lech, wat awer duerno dann erauskomm ass. Den Här Bodry zielt lech dat.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dann ass se verluecht ginn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Elo soen ech lech awer just...

► **Une voix**.- Dann hutt Der se verluecht.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech schafen elo emol... Ech si ganz gär bereet, iwwer all Zort vu Südtram oder Mobilitéit mat ze diskutéieren, mä Dir wësst awer och, datt dat do eng Proposition ass, déi an de Prioritéiten, an den zweete respektiv drëtter Prioritéite vun dem Plan sectoriel steet. Do soll een och selbstverständlech driwwer schwätzen, mä meng ganz Konzentratioun geet selbstverständlech momentan, datt mer emol den Tram hei an dem Zentrum an der Stad hikréien. Ech maachen all aner Diskussioun, mä un deem anere schaffe mer ganz konkret.

De Gast Gibéryen huet gesot, datt mer véier bis sechs Joer bräichten, fir mat deene Projeten unzefänken. Ech soen...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat war kee Virwurf, et war eng Feststellung.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, neen! Ech wëll just soen, datt ass bei deenen enge Projete riicht, bei deenen aneren ass et net esou riichteg, well mer ganz oft bei deene Projeten, wa mer bei lech kommen, strictement nach näischt hunn, deelweis souguer nach guer keng Plaz hunn, fir se ze bauen.

Duerfir ass et bei deenen engen effektiv méi laang. Bei deenen, wou et scho méi prezis ass, wou eng Plaz do ass, wou och den Terrain schonn dem Stat gehéiert, kann et natierlech vill méi séier goen. Mä ech mengen awer, datt et wichtig wär, esou fréi wéi méiglech bei lech ze kommen, just well mer déi Planifikatioun dann nach guer net amgaangen hunn. Soudatt ech dat just als eng Realitéitsbeschreiwung dohinnerstellen an net onbedéngt als Re-proche.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir hutt gesot: „Elo si mer hei iwwer 400 Millioune.“ Ech lauschten lech jo gutt no, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass ëmmer derwäert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Et ass ëmmer derwäert, iwwer 400 Millioune ausze-

ginn, dat ass riichteg. Mä Dir hutt awer och gesot: „Mir gi se jo elo nach net aus.“

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat, wat mer elo soen, ass: Mir wëllen dat emol studéieren an da kucken, wat an d'Realitéit kann ëmgəsət ginn a vläicht och deen een oder deen anere Projet, wou mer en net kënnen maachen. A wa mer gesinn, datt en elo finanziell net méiglech ass, deen elo net maachen an dee vläicht eréischt an zéng Joer maachen. Vläch geet dat esou. Ech weess jo net, wéi déi ekonomesch Evolutioun an deenen nächste Jore geet.

Mä vun deene 400 Millioune, déi Der beschriwwen hutt, wëll ech awer soen, datt der do 152 sinn, déi mer zwar virfinanzéieren, mä duerno réckbezuelt kréien, an datt dat natierlech Investissementer sinn, déi zu Lëtzebuërg extrem wellkomme sinn, wa se kënnen gemaach ginn. An duerfir, Bâtiments publics, déi dee Projet och maachen, schaffen a kollaboréiere selbstverständlech esou vill wéi méiglech mat, fir dee Projet och schnell hinzekréien.

Da wëll ech nach eng Kéier iwwert déi Ënnerféierung Mamer ee Wuert soen. Dat ass, datt déi Administratiounen, mat deenen ech zesummeschaffen - ob dat elo Bâtiments publics ass, ob dat Ponts & Chaussées ass, ob dat de Fonds du Kirchberg ass oder aner Organismen, déi fir d'Baue responsabel sinn -, alleguer kloer an daitlech och gesot kritt hunn, datt déi Projeten, déi mer elo amgaange sinn auszeschaffen, ganz genau sollen op de Käschtepunkt iwwerprüft ginn, dee mer hunn, fir ze kucken, datt se zwar zolidd sinn, datt se dauerhaft sinn, mä datt se esou präiswäert wéi méiglech an deenen nächste Jore gebaut kënnen ginn.

All déi Administratiounen hu ganz kloer Instruktiounen kritt. An all déi Administratiounen hu sech dat och zu Härzer geholl. A bei all deene Projeten, déi ausgeschafft ginn, sinn ech honnertprozenteg iwwerzeegt, datt d'Administratiounen sech un déi do Regeln an deenen nächste Joren halen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschten. A fir déi, déi mech ënnerstëtzen oder déi Motioun hei ënnerstëtzen, och villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung. An ech ginn net op, datt se d'nächst Joer erëm all derbäi sinn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem zoustännege Minister. D'Diskussioun wär ofgeschloss.

**Motion 1**

Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert déi Motioun, déi vum Här Fernand Boden erabruecht ginn ass. Den Här Fayot freet d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här President, ech wollt just vun den Auteurs vun der Motioun eng Explikatioun iwwer en Deel op der zweeter Säit. Ënner klengen „b“ ass: «en ce qui concerne le champ d'intervention», drëtter Punkt steet eppes iwwert d'Réhabilitatioun vum Viaduc de Sernigbaach. An do liesen ech dann: «- remise en état des encorbellements, de l'étanchéité et des superstructures suite à l'observation de désordres importants au niveau du tablier et de certaines déformations (voilement) au niveau des âmes de la structure porteuse de l'ouvrage...»

Ech verstinn dat net.

(*Hilarité*)

► **M. le Président**.- Den Auteur vun der Motioun kritt d'Wuert. Här Boden, wann ech gelift.

► **M. Fernand Boden** (*CSV*), *rapporteur*.- Ech ginn et virun un den Här Wiseler, well ech...

(*Hilarité*)

Ech hunn deen Text do ofgeschriwwen vun him, vun hiren Texter, déi si eis presentéiert hunn. Also.

(*Hilarité*)

► **Une voix**.- Knäipen d'Professeren ënner sech?

(*Hilarité*)

► **M. le Président**.- Här Minister, da sot eis...

► **M. Fernand Boden** (*CSV*), *rapporteur*.- De Geescht vun de Brécke kennen ech och net.

(*Hilarité*)

► **M. le Président**.- En huet awer eng déiwer Bedeutung.

► **M. Fernand Boden** (*CSV*), *rapporteur*.- Haha!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech erën-





nere mech un déi Zäit, wou den Här Fayot Prof war an ech Schüler, datt e schonn heiansdo esou Froe gestallt huet, wou et schwéier war, him ze äntwerten.

**(Hilarité)**

Dat, gesinn ech, geet elo riicht weider esou.

Ech sinn elo amgaang ze probéieren, mech hei duerch d'Grammaire vum Saz ze bewegen, wéi déi ass, well ech mengen, datt mer hei haapt-sächlech e grammatikalesche Problem hunn, manner wéi en technesche Problem.

Also, ech mengen, d'«remise en état des encorbellements, de l'étanchéité et des superstructures», do ass eng Klammer ze vill. «...suite à l'observation de désordres importants au niveau du tablier et de certaines déformations»: Jo, do ass zweemol «au niveau», deen dosteet. Quitte datt d'Logik richteg ass, mä de Saz ass am Opbau vläicht falsch. Da géif ech soen: «... suite à l'observation de désordres importants...»

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Solle mer se net an d'Kommissioun schécken?

**(Hilarité)**

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, neen. Neen, kommt! Mä dann, da waart. «Suite à l'observation du désordre important au niveau du tablier et de certaines déformations des âmes de la structure porteuse.»

**(Interruptions diverses)**

► **M. le Président**.- Den Här Bettel freet d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, hei geet et jo ëm e grand Projet d'infrastructure de l'État. Mir sinn eis jo eens.

Ech muss awer soen, dass dat, wat déi lescht Woche jo op eis duerkomm ass an och wéi den Här Gibéryen probéiert huet, den Débat ze reduzéieren, géife mir proposéieren, ob et net méiglech wier, eben och nach eng Kéier, fir dem Här Gibéryen ze soen, dass mer nach ëmmer hannendrustinn an dat, wat hie virdrun hei gesot huet, jo net der Wourecht entsprécht, beim klengen „c“: «en ce qui concerne le champ d'intervention du département des transports» e leschte klenge Punkt ze maachen, wou en einfach draschreift: «confirme son attachement au projet MoDu dans son intégralité». Punkt.

Einfach fir et nach eng Kéier ze soen, dass mer do hannendrustinn. Än da kann ech mer virstellen, dass dat wierklech... Einfach fir ze soen: Dat, wat mer deemools gesot hunn, ass haut nach ëmmer richteg.

**(Interruptions diverses)**

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech verstinn lech, Här Bettel. Ech géif hinnen och net trauen.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Da si mer derbäi.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Dann dierf den Här Spautz erëm erakommen.

► **Une voix**.- Den Här Spautz ass jo net hei.

**(Hilarité)**

► **M. le Président**.- Mir hunn also elo hei eng Proposition vum Här Bettel, fir déi Motioun licht ëmzënneren. Wëllt nach een där Demande de modification eppes bäifügen?

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Ma Dir stëmmt souwisou géint d'Motioun.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Neen!

► **Une voix**.- Gast, stëmm mat!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech verstinn lech, Här Bettel.

► **M. le Président**.- Also...

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Dat war keng seriö Proposition vum Här Bettel.

► **M. le Président**.- Gutt.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Also, eis Propos...

► **M. le Président**.- Also mir stëmmen elo iwwert déi original Motioun of, esou wéi den Här Boden se eragereecht huet.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech hu jo eng Proposition gemaach. Eise Vote hänkt jo of och vun deem, wat dosteet. Ech froe jo just, dass drasteet: «Confirme son attachement au projet MoDu dans son intégralité.» Punkt. Et steet hei iwwert dat Ganzt dran. An et ass ee Saz.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir hutt se awer schonn ënnerschriwwen.

► **M. le Président**.- Den Här Boden, wann ech gelift.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Här Bettel, hei geet et ëm eng Motioun, déi soll erlaben, datt Projeten, déi op enger Lëscht waren, déi de Minister eis dëst Joer presentéiert huet, datt do ka mat de Planungen ugefaange ginn. An do ware bei der N3 zwee Modullen: Dat war de Module „nord“ an de Module „central“. Do ass also net déi ganz N3 drop, mä et sinn nëmmen zwee Modullen drop. An et steet also näischt vun deem drop, wat Dir elo gesot hutt.

► **Une voix**.- Eben!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Majo eben! An déi hei Motioun geet ebe just drëm, fir der Regierung ze erlaben, déi Planungen unzefänke vun deene Projeten, déi se presentéiert huet.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, den Här Boden seet et selwer. Et steet jo hei dran: «en amont du pont Buchler à Bonnevoie, ceci dans le contexte de la stratégie MoDu». De MoDu, ech erfannen deen net. Dee steet hei am éischte Paragraph. «Dans le cadre de la stratégie MoDu.» Da seet een einfach: «Dans le département du transport confirme son attachement au projet MoDu dans son intégralité.» Punkt.

Et ass driwwer gesot ginn, dass déi aner Aarbechte jo fir de MoDu gemaach ginn. Da soe mir: Och an deem leschten. A mir stinn nach ëmmer zum MoDu! Punkt. Et ass einfach, fir ze soen, dass dat, wat mer am Juni oder am Juli hei gestëmmt hunn, all 56 Leit, nach ëmmer richteg ass. Méi ass et net. Ech froen hei einfach, fir datt mer... Dat passt och ganz richteg heidranner.

► **M. le Président**.- Den Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also, ech mengen, éischstens, dem Ben Fayot säi Problem - dann deen aneren -, dee kann een domadder léisen, datt een einfach den zweeten «au niveau» ewechhëlt an ee seet: «...de certaines déformations des âmes de la structure porteuse de l'ouvrage.» Da gëtt de Saz erëm méi Sënn. En ass natierlech nach ëmmer ganz schlecht formuléiert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Voilà! Et hätt ee léiwer solle Saachen...

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat huelen ech dann op mech.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Jo.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat Zweet, wat ech wëll zu där ganzer Proposition do soen: Ech mengen, d'Chamber huet mat 55 Stëmmen e Soutien vun dem Mobilité-durables-Konzept virun dräi, véier Méint, wéi mer en hei presentéiert hunn, wéi mer e laang diskutéiert hunn, en long et en large gestëmmt.

Dee Soutien, deen ass, wéi gesot, mat 55 Stëmmen duerchgaangen. Dee steet och nach ëmmer. Dovunner ginn ech aus. Deen ass nach do. Dee brauch net sechsmol répétéiert ze ginn. Deen ass kloer an däitlech do. Et steet och nach hei eng Kéier an der Motioun, esou wéi se elo formuléiert ass, absolut dran.

Dat huet och stricteement näischt mam Finanzement ze dinn. Hei ass jo just d'Ënnerstëtzung vun engem Konzept MoDu, soudatt emol iwwerhaupt net déi Diskussioun, déi Dir elo opwerft, géif iergendeng Ausso maachen. D'Ënnerstëtzung ass do vum Konzept op där enger Säit. An d'Konzept ass nach eng Kéier hei erwähnt, soudatt ech net gesinn, firwat da muss modifizéiert ginn. Well dat, wat Der frot, steet schonn hei dran.

► **M. le Président**.- Gutt! Ech géif proposéieren, mir stëmmen dann elo iwwert d'Motioun esou of, wéi den Här Boden se eragereecht huet. De Vote électronique gëtt jo warscheinlech verlaangt.

**Vote sur la motion**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen, géint 7 Neen an 11 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Serge Wilmes;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. Fernand Etgen, Claude Meisch et Carlo Wagner.*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Alexandre Krieps, Mme Lydie Polfer;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Eise leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 6103, eng Ofännerung vum Code pénal. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Polfer, den Här Bodry, d'Madame Loschetter, den Här Kartheiser, den Här Urbany an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Weiler.

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV).- Här President, ech wëll och d'Wuert kréien, a mengem eegenen Numm.

► **M. le Président**.- D'Madame Frank gëtt dann och nach ageschriwwen.

## 9. 6103 - Projet de loi portant modification des articles 351, 353 et 353-1 du Code pénal

**Rapport de la Commission juridique**

► **M. Lucien Weiler** (CSV), *rapporteur*.- „Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Texter, iwwert déi haut de Mëttg diskutéiert gëtt, loosse keen heibanne gläichgültig, well se e Sujet behandeln, deen äusserst delikat ass. All heibannen hu mer e Gewëssen. An no deem Gewësse muss mer handeln a bei dësem Gesetz eis voll Responsabilitéit iwwerhuelen. Mir sollen awer bei esou engem schwierere Problem probéieren, fair ze bleiwen, all Demagogie op der Säit ze loosse. Et ass ze vill eng eescht Saach, fir dass se politesch soll ausgeschluecht ginn.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn net meng Wieder als Introduktioun zu dësem Rapport, mä et ass en Zitat. Et ass en Zitat aus der Ried, déi viru 34 Joer op dëser Tribün d'Madame Marthe Bigelbach-Fohrmann gehalten huet; d'Ried, déi si 1978 als Rapporteuse vum Projet de loi betreffend d'Reglementation vum Avortement gehalten huet.

Ech hunn dësen Extrait vun der Marthe Bigelbach-Fohrmann zitéiert, well ech mengen, dass si hei an einfache Wieder an an e puer Sätz eng Rei Eckpunkte gesat hat fir d'Debatt vun 1978. An ech mengen, dat sinn Eckpunkten, wou mer gutt berode wären, wa mir haut hei an der Diskussioun, déi mer féieren, eis un dësen Eckwäerter géifen orientéieren.

D'Madame Bigelbach-Fohrmann huet, wann ech dat emol a menge Wieder däréif résuméieren, am Fong geholl dräi Saache gesot.

Si huet fir d'Éischt gesot, dass déi ongewollt Schwangerschaft en äusserst delikaten a sensible Sujet ass, dass et e Probleemberäich ass, un deen ee muss ganz virsiichteg, ganz behutsam a ganz gewëssenhaft a mat Versteedemach an Toleranz eruegen. Dat war hiren éischte Punkt.

Hiren zweete Punkt war deen, dass d'Konsequenzen, déi eng Fra aus enger ongewollter Schwangerschaft zéie soll, kann oder däréif, eng Gewëssensfro sinn. Et ass selbstverständlech eng Gewëssensfro fir d'Fra selwer, mä et ass och eng Gewëssensfro, déi ganz Problematik, fir de Législateur, fir eis heibannen, a fir jiddweree vun eis ass et eng Gewëssensfro.

An drëttens huet d'Madame Bigelbach-Fohrmann an hirer Interventioun plädéiert, fir bei esou enger schwierere Fro fair ze bleiwen, all Demagogie op der Säit ze loosse an net ze versichen, de Problem politesch auszuschluechten.

Ech perséinlech géif mer wënschen, dass mer déi dräi Eckwäerter do, dass mer déi an dëser Debatt géife respektéieren. Ech sinn iwwregens och ganz optimistes, dass dat eis ka geléngen.

D'Reform vum Avortement, déi mer haut diskutéieren, déi schreift sech an an e gesellschaftlecht Klima, an eng politesch Ambiance, déi glécklecherweis anescht ass wéi déi, déi mer haten 1978, wéi mer dat éischt Gesetz iwwert den Avortement gestëmmt hunn.

D'Debatt vun dëser Reform, wann een déi an deenen zwee leschte Jore verfollegt huet, huet ee gesinn, dass et eng lieweg Debatt war, dass

et eng engagéiert Debatt war an dass et zum gréissten Deel eng respektvoll Debatt war, d'Meenung vun deem enge vis-à-vis vun deem aneren, déi respektéiert ginn ass.

A wien haut de Mëttg um Radio dat, wann ech däréif esou soen, Sträitgespréich - et war am Fong geholl kee Sträit, mä et war eng Diskussioun - héieren huet tëschent der Madame Igniti vum Planning Familial an dem Här Estgen vun dem Katholikerot, deen huet e gutt Beispill kritt, wéi ee ka respektvoll an tolerant ee vis-à-vis vun deem aneren oder ee mat deem aneren ëmgoen, och an enger ganz schwierere Fro.

Ech war frou iwwert déi Debatt, déi, wéi gesot, och vläicht eis kann e Beispill ginn, wéi ee bei verschiddenaartege Meenungen tolerant a respektvoll ka mateneen ëmgoen. Op jidde Fall, mengen ech, géif dat ganz Klima vun dëser Reform sech wohltuend ënnerscheede vun där dach zum Deel polemischer an zougespëtzer an zum Deel och intoleranter Debatt, déi mer 1978 haten.

Här President, d'Diskussioun oder d'Kontrovers iwwert d'Problematik, déi eis haut de Mëttg beschäftegt, den Ufank vum mënschleche Liewen, de juristesche Status vun engem Fötus, huet an dëser Debatt eng minimal Roll gespillt. D'Regierung ass net op déi Diskussioun agaang: Wéini fänkt d'mënschlecht Liewen un? De Statsrot huet gesot, hie wëllt déi Debatt ausklammern. Mir als Commission juridique hunn och déi Debatt net gefouert.

Et gëtt eng gutt Ursaach, firwat dass déi Debatt net gefouert ginn ass, an ech verweisen an deem Kontext op den Avis vun der Commission consultative des Droits de l'Homme, déi an hirem Avis geschriwwen huet, nodeems dass se rappéléiert huet den Artikel 2 vun der Convention européenne des droits de l'Homme, dee seet: «Le droit de toute personne à la vie est protégé par la loi», an da seet d'Cour européenne des droits de l'Homme, mir musse feststellen «que la solution à donner à ladite protection n'était pas arrêtée au sein de la majorité des États contractants et qu'aucun consensus européen n'existait sur la définition scientifique et juridique des débuts de la vie», d'Kommissioun fiert da virun a seet: «En l'absence d'un consensus tant au niveau national qu'au niveau international, la Commission approuve la décision de ne pas rouvrir ce débat.»

Déi Debatt iwwert den Ufank vum mënschleche Liewen ass 1978 ganz vehement gefouert ginn an d'Positioun si kloer: An deem enge Camp geet den Ufank vum mënschleche Liewen u mat der Befruchtung, währenddeems anerer eng ganz aner Opfaassung hunn zum Deel, déi esou wäit geet, dass gesot gëtt, d'mënschlecht Liewen ass eréischt als mënschlecht Liewen ze considéieren dee Moment, wou et selwer vu sech aus liewensfäeg ass. Et gëtt an der Wëssenschaft keng Unanimitéit iwwert d'Fro: Wéini fänkt d'mënschlecht Liewen un?

A well dat esou ass a well mer wëssen, wéi d'Positiounen sinn op där enger Säit an op där anerer Säit, a well et eben do Divergenze gëtt, déi mer en long et en large festgestallt hu viru laange Joren an déi an der Zwëschenzäit net changéiert hunn - déi sinn haut ee Mol wéi d'anert Mol figéiert an et sinn ee Mol wéi d'anert Mol déiselwecht Attitüden -, dofir huet et en fin de compte kee Sënn gemaach, fir déi Diskussioun elo nach eng Kéier ze féieren. Mir kënnen se féieren, mais ça ne mène à rien, well déi Positiounen einfach arrétéiert sinn an d'Wëssenschaft an der Zwëschenzäit kee Schrack weider ass wéi zu där Zäit, wéi mer déi Debatt deemools gefouert hunn.

► **Une voix**.- Dat ass dann Är Positioun, déi Dir...

**(Interruptions diverses)**

► **M. Lucien Weiler** (CSV), *rapporteur*.- Jo, ech...

► **M. le Président**.- Ech géif lech elo bieden, dem Här Rapporteur Weiler nozelauscheren. Herno huet jiddwereen d'Méiglechkeet, hei ze intervenéieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Lucien Weiler** (CSV), *rapporteur*.- Ech wëll och hei de Moment meng Meenung net soen. Ech sinn hei als Rapporteur vun der Commission juridique.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi sougenannten „ziviliséiert Gesellschaften“, déi zeechne sech aus duerch en héije Stewuert, dee mer de Grondrechter, de Grondwäerter, déi d'Mënschen hunn, araumen. Et gëtt d'Recht op d'Aarbecht, et gëtt d'Recht op d'Meenungsfreiheet, et gëtt de Schutz vun der Privatsphär an, an, an.